D'Unio'n scheckt kén a eng Partei. Si scheckt hir Leidd durch d'Gro'ßherzogin an d'Assemblé Consultative an och an d'Regirong fir do praktesch Arbecht ze lêschten zum Wuel vu Land a Vollek, an nöt vun enger Intressepolitik....

D'Unio'n

D'Unio'n erschengt all Woch am Verlag v. d. Unio'n Abonnement: 15 Fr. pro Quartal — Enzelnummer: 1.50 Fr. — Geschäfts- an amtlech Annoncen 2 Fr. pro Millimeterzeil. All aner Annoncen 1.75 Fr. — Administratio'n, Expeditio'n, Redaktio'n: Eck Philipp- an Ennesehtgâss — Telefon 5832/508 — Postscheck Nr. 6491 — Verantwortlech ass den Aktio'nscomité.

Jor 1 · No 11 · 9. Dezember 1944

LETZEBURG DE LETZEBURGER (DEVIS V.D. UNIO'N) * ORGAN VUN DER UNIO'N * ECH DENGEN DER HEMECHT (JANG DE BLANNEN)

Wann am Krich d'Unio'n net gewiescht wär!

Ons Jongen

E Mann muss sei Liéwen an d'Spill setze können, wann et em seng hellegst Gidder gét. Dem Jonktem ass et virbehalen, matt Begéschterong hirt allerlescht anzesetzen fir hirt Ideal. Jonk stierwen ze missen ass batter, mé ons letzeburger Jongen hu gewisen a weisen et nach haut, datt si net zecken, wann et héscht d'Recht vun hirer Hémecht an d'Weiderbestoen vun hirem Land ze verdédegen.

Emso' me' gro'ss wor de' Schmod, emso' me' onmönschlech dén Zwank, de' de Preiss ons ugedon huet, we' en ons Jongen force'ere wollt, seng verhâsst Uniform ze droen a ge'nt hir Hémecht an de Krich ze goen. Et ass schwe'er sech me' e gro'sst Verbriéche virzestellen. Net genug, datt en ons matt alle Möttelen kugene'ert, vergewaltegt a gepisackt huet, net genug, datt en ons zo' Kniecht a Sklaven erofsetze wollt, ons kirperlech a moralesch ze ruine'ere versicht huet, séch Méschter gemâch huet bei ons am Land an an onsem Privatliéwen an Egentom, wollt en du ons och nach dat Lescht an dat Bescht huelen, wat mer nach haten: all ons Kanner am sche'nsten Alter.

We' e Verzweiwelongskrésch ass et durch d'ganzt Land gângen. Bis dohin hate mer d'preisescht Joch gedroen, matt hémlecher Wut, verbassen, gestärkt durch d'Iwerzégong, de' ömmer me' stark go'f, datt émol den Dag ke'm, wo' mer erem erle'st ge'wen. Dun awer wor et um Enn. D'Hierz vun all letzeburger Mamm huet sech zesummegeschrampt vu Léd an de'dlecher Suerg, d'Fauscht, de' de Papp bis dohin hémlech an der Täsch gemâch, ass du schwe'er op den Dösch gefall. E wosst: Elo ass et och fir ons Krich! E Krich op Liéwen an Do't, bis mer dem Preiss onst Bescht erem ofgejot hun.

Op eng Mane'er, de' eso'gur d'Bewonnerong vun der ganzer Welt fond huet, huet sech matt engem Schlag d'letzeburger Solidarite't gewisen. O'ni eng Parol ofzewarden, o'ni viraus sech ze berotschloen, o'ni Propaganda an Opstöppelei huet de' e'scht Reaktio'n agesat: Stodenterevolt, Arbechterstreik, Dengschtverweigerong vun de Beamten. D'Mitgliedskarten vun der VDB go'wen hannescht gescheckt. Et woren net nömmen d'Pappen, mé och de', de' keng Kanner haten, an d'Jonggesellen, de' we' é Mann opgestane sin.

Am Bludd go'w d'Revolt ersteckt. Eng echt preisesch Heldentat! Leidd hu se erschoss, de' sech net wire konnten, matt Abteilongen vun SS, de' se extra schon am Viraus komme geloss haten, a matt Maschinnegewierer hu si versicht e Land vun 250 000 Awunner, an o'ni Waffen, kleng ze kre'en!

Einstweilen stongen ons Jongen ower am Misär. Si hu rondem sech gekuckt, op ne'rewo' Höllef wär. Matt verzweiwelter Ongedold hu mir no London gelauschtert, op vun do keng Höllef z'erwarde wir, kén Tro'scht am iwergro'sse Léd. Neischt, gur neischt! No langer Zeit e Protest, feierlech virun der ganzer Welt. E Protest och vun der ganzer zivilise'erter Welt. Dat wor alles. Konnt me' gemach gin? An onser Verzweiwlong hate mir et gemengt. Mir hun ower agesin, datt mir op ons égen Höllef ganz eleng ugewise woren.

Matt zerrassenem Hierz, d'Se'l geluede vun Hâss, hun d'e'scht Jongen misse fort an d'preisesch Kasären. We' dat zo' gangen ass, ass bekannt. D'Feierlechkéten matt Musek asw. go'wen ofgeblosen, ganz Bataillo'nen SS woren opgebueden, fir d'Jongen an d'Zich ze pressen an se an d'Kasären ze brengen, BDM-Médercher, de' den trauregе Courage haten, matt Bukéen fir d'Jongen ze kommen, kruten hir Blummen an de Kapp geheit, d'Hackekreizfuendelen, de' se op de Sonderzuch gehangen haten, go'wen a Fatze gerass, matt Fe'ss getröppelt, den Zuch selwer eso' demole'ert, datt keng Fönster, ké Cabiné, keng Dir me' ganz blo'f. D'Uelzecht, de Feierwon, Letzeburg de Letzeburger sin durch d'Stad an op der ganzer Rés gesonge gin. Et wor eso' sche'n an ower eso' traureg! Net nömmen fir d'Mammen am Léd, fir de Papp, dém d'Schölleren op émol zesummegange sin.

Ons Jongen ower woren an de preisesche Kasären. Onse Jonktem ass gesond a stark, u Leiw a Se'l. Et ass net de Kasèrendrill dén e vill hätt können ausmachen, d'preisesch Propaganda ass un en erofgerötscht a kont kén Uklank fannen. Ower e Wurem huet un hirem Hierz gefriéss. Et wor net nömmen d'Verlângeren no hém, dat gewöss stark gewullt, bei hinnen, de' an eso' jonke Joren, bal Kanner nach, gezwonge woren, weit vun dohém, önnert Leidd ze liéwen, de' hinnen friém a verhâsst woren. Friém an hirem ganzen Denken a Fillen me' we' friém: et woren hir Feind.

Dat wor nach dat mannst. Si wossten, datt alles wat se hu misse machen, wat se gesot kruten, wat se gele'ert go'wen, eng Virberédong soll sin, fir datt si an de Krichh misste goen fir de Preiss dén hirt Land iwerfall a vergewaltegt hat, dén si, hir Elteren, hir Frönn, d'ganz Hémecht, onglecklech gemâch hat, a ge'nt dén, dén d'Land erem frei ge'f mâchen, vun dém mer all Guddes hu missen erwarden, Freihét, Recht a Gleck.

Et ka sin, datt se net allegurten sech déne Gedanken zevill iwerlôss hun. Eng gewösse Resignatio'n virun engem Ongleck, ge'nt dat én net opkomme kann, mag wuel bei desem oder dém sech agestallt hun. Mé de Wurem wor dach do an huet weider gebuert. Vir de' Aner, weitaus de' Méscht vun onse Jongen, dénen d'Liéwe knapps ze lâchen ugefangen hat, dénen de' e'scht Fre'jorsro'sen nach net erble't woren, ass dat Wössen an dat Iwerléen zo' enger Gewössenspeng erausgewuess, de' se a jonke Joren zo' Männer gehummert huet. Et ass doraus en Hâss eropgewuess ge'nt dat Verbriéchervollek, dat se eso' vergewaltegt huet, en Hâss, dén e ganzt Liéwen net me' kann auswöschen, an och en hellegen Entschloss, sech net zwengen ze lôssen, seng Freihét erem ze huelen, matt alle Möttelen, a wann et och d'Liéwe kaschte ge'f.

An dèr Zeit wore mir heihém un der Arbecht. Et wor net licht, mir wossten et viraus.

(Get fortgesat op der 4. Seit.)

D'Landarbechterfro

Mir erönneren ons nach alleguren un de' Zeit vun 1939, we' an der Landwirtschaft d'Landarbechterfro als „Polefro' opgetaucht ass. Mir wössen, datt bis 1933 besonnesch Kniecht a Méd aus der Eifel an der Letzeburger Landwritschaft täteg woren. We' 1933 den Hitler an Deitschland sein „Arbeitsbeschaffungsprogramm“ ugesat huet matt dem Bau vun déne gro'ssen Autostrôssen, de' him spe'der emol d'Truppeverschiebongen erlichtere sollten, du hun och de' méscht vun onse Landarbechter aus der Eifel et eröm virgezun, fir e bessere Lo'n de'seit d'Musel schaffen ze goen.

An ons Landwirtschaft sin dorophin töscht 6 a 700 polnesch Kniecht a Méd erakom, bis och si mam Ausbroch vum Krich Enn 1939 eröm zreck hu missen an hir Hémecht.

Mir haten scho matt hinnen erfur, datt et schwe'er ass, auslännesch Arbechskräft an der Letzeburger Landwirtschaft ze beschäftegen, wann et engem un égene Kräfte félt, an domat de' ongönschteg Lag vum Arbechsmart vun den Ausländer ausgenotzt get. D'Pole woren, we' si gemirkt hun, datt mir op si ugewise wären, net me' mat hirem Lo'n zefridden an ons Bauere Patroen hu missen nogin, wann si sech net gär der Gefor ausgesat hun, é fre'e Muergen eleng bei der Arbecht ze stoen.

Et si vill Artikelen a vill Broschüren, vill Kammersetzongen iwer d'Landarbechterfro geschriwen a gehale gin, geliés ower go'we se nie. Schold dorun ass emol an e'schter Lin de' ongönschteg Situatio'n, an dèr sech d'Landwirtschaft, kapitalme'sseg gesin, der Industrie ge'ntiwer befönnt. D'Bauerebetrieber kennen ké Renggewönn, hir Geldreserven si gewe'nlech se'er knapp, an durfir sin si och net an der Lag, en he'ge Lo'npreis ausser Kascht a Wunneng un hir Gesönner ze bezuelen. Et könnt é jo mengen, et ke'm op d'selwecht eraus, ob én dausend oder fofzenghonnert Frang de Mo'nt verdengen oder nömmen 4 oder 500 Frang boer Geld nieft Kascht a Schlofen kre'e ge'w. De gro'ssen Önnerschéd leit do dran, datt an den Industrie-Agglomeratio'nen d'Wunnegsverhältnisser eso' sin, datt d'Arbechterfamiljen sech no freiem Wöllen an Ermiéssen entfale können, wärent op den Dirfer fir d'Landarbechter d'Wunnengen op eng Mindestzuel vu Kummeren, wann net nömmen op eng Kummer iwerhapt beschränkt sin.

De Kniecht um Land hat bis elo keng Gelénhét, eng Familjen ze grönnen, well durfir Kascht an Täschegeld net genügen, mé och eng kleng hémlech Wunnplätzchen derbei muss sin, fir datt d'Familjegleck och heislech virberét ka gin.

Un dém Ponkt ass et, wo' ugesat muss gin, wa mir iwerhapt e gewösse Reiz fir d'Landarbecht a fir eng Landarbechter-Existenz schafe wöllen. Et ass den allgemenge Wonsch, de' Friém eso' weit we' me'glech och aus der Landwirtschaft eraus ze lôssen, an an hirer Plâz echte letzeburgesche Familjen eng nei Liéwensbasis ze gin.

D'Landwirtschaft brengt et aus égene Kräften net fèrdeg de' wirtschaftlech a sozial Virbedengongen ze realise'eren, de' e Landarbechterstand erme'glechen. Et gin zwar vill kleng Beiercher matt vill Kanner, de' net jidferengem vun hinnen e Köpp Land oder e klengste Bauerebetrieb oprichte können. An dach get et der vill önnert hinnen, de' matt ganzem Hierz un hirem Duerf a Buedem henken, an énzeg an eleng aus dém Grond an d'Industrie wêchen, well si sech net an de' entwürdigend Roll vu blo'sse Kniecht a Méd bei déne so'genannte bessere Baueren erafanne wöllen. Fir d'Landarbechterfro op lâng Sîcht ze le'sen, muss do ugesat gin, a grad déne klengen a klengste Beiercher d'Me'glechkét geschâft gin, sech en égent Steck Land an och eng Heip ze verschafen, fir op dèr Grondlag eng Familjen opzebauen, an derniewend hir frei Arbechskraft no Lo'nsätz, de' vum Staat fixe'ert a vun de Baueren-Organisatio'nen unerkannt, hinnen de' ne'deg Borgeldmöttel an d'Hand gin, de' si niéwend dem Naturalrevenu, aus hirer égener kleng-beierlecher Beschäftegong, fir eng normal an zefridestellend Liéwensweis eso' ne'deg brauchen.

Servus.

Unio'n ass Resistenz

Mer gin haut vu ville Seiten ugegraff a mer kre'en offen a besonnesch verstoppt vill Steng geheit. Wa mer net me' we' hârt wären, dann hätte mer scho lâng d'Flemm kritt an d'Knöppele bei d'Tromm geluet. Mè dat wier verfehlt, well mer hun e'schtens am Krich de hellech Missio'n iwerholl d'Wuel an d'Recht vun der Hémecht ze vertrieden. an de' Missio'n wölle mer och weiderfe'eren ,an zwétens können a wölle mer enger bestömmter Kategorie vun Hären, de' am Krich eng zweiwelhaft Roll gespillt hun, önner kengen Oemstänn aus dem Wé stoen.

Mer huelen beileiwen net fir eis dé Monopol ganz eleng gudd Letzeburger gewiescht ze sin. A wa mer elo emol eng Ke'er Tromp ausspillen. dann ass dât guer net gericht gént all de' gudd Letzeburger, de' mat eis a fir eis geschafft hun oder op ége Fauscht dem Preiss d'Stier gehalen hun; déne könne mer versecheren: hir Intressen sin och eis an eise Programm ass och hiren. Mer wennen eis duerfir nömmen ge'nt de' Hären, vun déne mer uewen Rieds haten: et sin de', de' elo grad eso' deck rieden, wé am Krich bei de Preisen an och de', de' am Krich nömme neischt gesôt hun (et hätt jo könne gefe'erlech gin) an elo desto me' rieden.

An duerfir, dir Hären opgepasst, hei ass Trompäss! Wo' wär et higângen, wann am Krich d'Resistenzorganisatio'nen net gewiescht wieren?

Mer können des Fro vleicht an engem Sâtz beäntweren: Et hätt un der Organisatio'n vum Widerstand geféhlt, dat héscht et wär kén dogewiescht, dén Dre't a Fiedem vun Haus zu Haus, vun Duerf zu Duerf, vu Stad zu Stad gespant hätt. Wa mer iwerhapt wölle vu Verdengscht schwätzen, dann ass dat eis gre'sst Lèschtong. Mir hun nömmen iwerall den Usto'ss gin an dann hun de' aner gudd Letzeburger allegueren mat eis an dat selwegt Rad gegraff: de' eng Ke'er hu mer all zesummen de' preisesch Kar ofgebremst, an de' aner Ke'er den Damp vum Feierwon direkt ge'nt de preisesche Wand gericht.

D'Haptsâch könne mer jo och e bössen détaille'eren:

D'Resistenz huet scho gleich am Ufank eng Partie vun hire Leit verluer si go'fen ofgesat, an hun an Deitschland önner Polizeiopsicht op der Strôss geschafft; anerer sin a Frankreich geheit gin. Mir hun si net vergiess a mer sto'ngen, eso'weit et gângen ass, ömmer mat hinnen a Verbindong. Si hun eis op dèr aner Seit och net am Plang geloss a spe'der weit vun dohém, den Allie'erten an der Hémecht gro'ss Dengschter geléscht.

D'Resistenz huet schon 1940 ugefângen, den Trafic vun de franse'schen a belschen Prisonne'er ze organise'eren. Schon 1940 a spe'der an ömmer me' gro'sser Zuel sin se aus alle Richtongen no Letzeburg op de' richteg Adressen kom a vun hei aus iwer d'Grenz (mer haten démols schon do gudd Verbindongen) op de' richteg Plazen virugeliwert gin. A wann haut Letzeburg a Frankreich an an der Belsch eso' e gudden Numm huet, dann ass dat fir allem eiser Prisonne'eraktio'n ze verdanken.

D'Resistenz huet de'n 10. Oktober 1941 de mot d'order erausgin: Dreimol Letzeburg a si war stolz, we' de' Sâch démols eso' gudd geklappt huet an d'Preisen domm Gesichter geschnidden hun.

D'Resistenz huet dorophin erem eng gudd Partie vun hire Leiden verluer, de' vun de Preisen an d'Oemsidlongslager geschléft si gin. Mè mer sin och mat dene Leiden, an och mat denen, de' spe'der ömgesidelt si gin stänneg a Verbindong bliwen a mer hun, eso' gudd ewe' et nömme gângen ass fir hire Ravitaillement gesuergt. Mer hun dobei eso'guer an Deitschland gudd Leit font, de' eng Hand ugepakt hun.

D'Resistenz huet 1942 d'Paro'l eraus gin fir de Streik ze organise'eren, an de' Leit, de' démols fir d'Hémecht hirt Liewen hu misse lôssen, sin net ömsoss gestuerwen. Den Num Letzeburg ass we' e Laffeier durch d'ganz Welt gângen an all allie'ert an neutral Länner hu mat Stolz a Verwonnerong op eis gekuckt. De Preiss war och net me' eso' keng weider Jorgäng anzeze'en!!!

Dat hat awer och nach seng weider Grönn. D'Resistenz huet den Usto'ss gin zur Désertio'n. Oemmer me' vun eise Jongen de' bei de preisesche Kommöss gepresst go'wen si verschwonnen, de' eng no Frankreich an England, anerer an d'Belsch, de' drött sin a Privatheiser an der Hémecht önnergekroch, a we' du d'Zuel vun eise Jongen ömmer me' gro'ss gin ass, do hu mer missen nei We'en a Möttele fannen. D'Bunkeren am E'sleck an am Möllerdall, d'Böscher vun der Musel an d'Gallerien vum Minett hun d'Jongen opgeholl. A

(Get fortgesat op der 4. Seit.)

Ass dat gerecht?

Ass et gerecht, datt gebure Preisen an dèr Zeit, wo' onst Land nach önnert de Krichsoperatio'ne schwe'er ze leiden a muench trei Patriot an der leschter Stonn vun der Nazityrannei pflichtbewosst sei Liéwen huet hirgi missen, mamm ro't-weiss-bloe Bändche gro'ssarteg dorömmer spaze'eren?

Viru 1918 hun se hirt Land verlôss, hun sech hei bei ons nidergelôss an önnert engem Deckmantel gesicht, sech iwerall als echt Letzeburger auszegin an eropzeschaffen.

1939, we' Letzeburg virun der ganzer Welt seng Oeofhängegkét gefeiert huet, sin des „Wöllef am Schofspelz“ och net zreckgetrueden an hun sech als Letzeburger resp. Staatenlos androe gelôss.

10 Me'nt durno go'f de Spîss erem emgedre't an des Verre'der sto'ngen als Wéweiser vun de Nazien hei an onsem Ländchen an hun ons iwerall gedrét: „Ech si Reichsdeitschen, mir können ons alles erlâben; mei Jong ass schon den Heldendo'd fir „Führer, Volk und Vaterland“ gestuerwen, ir emol d'Wehrpflicht hei agefo'ert go'f.“

Bei hinnen huet et nömme gehéscht: „Beckt iech virun der Gewalt, soss gét et an d'Villa Pauly, d'Schreckgespenst vum ganze Land.“

Ech biéden d'Unio'n resp. ons Miliz, des Spîssgesellen, de' 4 Jor lâng d'letzeburger E'er befleckt hun, vum Droen vun de Nationalfarwen ze dispense'eren, „well en treie Preis an e grengen Hond fand der ne'rens op der Welt.“

E Miseler.

E klengt Land, eng gro'ss Sâch!

Mir hun als Letzeburger ons égen Gebreicher, ons Traditio'n an och eis Letzeburger Egenart. Dat soll an desen schwe'eren Zeiten nach me' geschwât a geflegt gin. Dat ass eng national Sâch, de' jidfer Letzeburger flege soll. Flicht vun all Letzeburger ass, onst Letzeburgertom mat all sengen Traditio'nen ze verdédegen. Et sin dèr vill ze vill, de' denken: „Elo ass de Krich fir ons eso' weit eriwer, wat solle mir ons de Kapp zerploen mat eso' Sâchen, elo lôsse mir et ons emol gemitlech sin.“ Mé et ass net grad eso', dat gro'sst, dat hellegt Gutt, ons Freihét, de' mir durech ons Befreier erömkruten, huet nach ömmer Feinden; an dat sin de', de' nömmen un d'gudd Iéssen an Drenken an un vill Suen denken. Mir brauchen kén iwerdriwenen Nationalissem ze mân, awer mir mussen fest un onsen Traditio'nen a Gebreicher festhalen. De' Friem hun ons schon virum Krich durfir beneid. Ech ko'm emol mat engem Franzo's zesummen, dé vill an onsem Ländchen geróst ass an et bewonnert huet. Ech frot hien, we' et him dann bei ons ge'ng gefalen. „Oh,“ sot hien dun, „Monsieur, vous êtes dans un paradis, seulement il y en a beaucoup qui ne le remarquent pas.“ Letzeburger, dir sitt an engem Paradeis, nömmen et sin der vill, de' et net enuecht huelen. Dat wor den Ausdrock vun de Gefiller vun engem Friémen iwer ons le'f Hémecht. Ech war wirklech stolz dorop an ech sin gewues, we' dat hun he'eren. Mir sollen de' he'ckst Gidder, de' mir hun, ons Freihét, onst Letzeburgertom mat all sengen Egenarten verdédegen ge'nt all seng Feinden an kén Jota dorfun ofgoen. Letzeburger schle'sst iech zesummen, flegt är Letzeburger Sproch! Et ass traureg, awer wo'er, et sin der nach vill de' se emol nach net liése können. Helleft én dem aneren, weist datt dir echt Letzeburger sit. En, dén net de Mutt duerzo' opbrengt, verde'ngt net dé sche'ne Num: LETZEBURGER.

W. M.

Nationalerze'onk

Stellt én dem Patriotissem d'Famiilele'ft ge'ntiwer, da reklame'ert d'Mönschhét ge'nt eso' eng enkhërzeg Moral, de' d'Hèrz an d'Pflichte vum Mönsch bannen d'Maueren vum Hémechshaus, bannen d'Famiilen verweise wöllt.

Wann der dem Patriotissem ower de' gro'ss Weltele'ft entge'nthalt, de' oft nömmen ausgehâng get fir net ze weisen, datt engem alles éndun ass, fill der dann net datt an der gro'sser mönschlecher Famiilen iech e Steck me' un d'Hèrz gewuess ass, un dat der gebonne sit durch èr Traditio'n, èr Gefiller, èr Sprôch an èr Gebreicher?

D'Äntwert ass net schwe'er ewell, sét de Barrès, et ass net me'glech me' eng falsch Idi auszedenken we' de' vun enger flâcher Mönschhét, wo' et net e Band vun engem zum anere get, a net eng Ketten vun den Do'degen zu de Liéwegen.

D'Scho'l an de Scho'lméschter hun dofir d'patriotescht Gefill am Intressi vun der Famiilen a vun der Mönschhét ze pflegen.

Wöll der den Altor vun der Hémecht zerschloen, da muss der bis an d'Famiilenhaus abriéchen, dat a Stecker schloen a seng Reschter an de Wand verstréen.

D'Le'ft zur Mönschhét ower, de' sech op de Patriotissem opbaut, ass nömmen eng gefe'erlech Illusio'n, ewell et ge'f é sech net eso' brèzen jidferé gèr ze hun, wann et wär fir besser ze begrönnen datt é ké Mönsch leide kann.

6. Kapitel. (1. Dél).

De Patriotissem am Altertom: Bei de Juden, Griechen, Re'mer.

D'Le'ft zur Hémecht ass e Gefill, datt matt ville mystesch-religie'sen Elementer durchsat ass, e Gefill, dat gans aus de'fster Se'l erauswîsst. D'Hémecht stét vrun ons, jé no den Oemstänn oder nom Alter, we' eng Mamm oder eng Kinigin; d'Majeste't vun hirer lânger Dauer spigelt sech an hirem Bild erem, mé och den Zauber vun engem e'wege Jonktem.

D'Hémecht vere'wegt an erneiert sech zu gleicher Zeit an de Generatio'nen, de' openaner kommen a sech ofle'sen. Mé we' bei engem Risebâm wiesselen och hei nömmen d'Bliéder an d'Frîcht, jé no de Joreszeiten vun hirer Geschicht. Hir Se'l, den önnere Sâft, dén d'Generatio'n erfirbrengt, vun dém si selwer liewt a matt dém si de' aner liewen dét, bleift ömmer de' selwecht.

D'Hémecht ass eng mystesch Realite't, eng Wirklechkét, de' e'schter vum Hirz erfâsst ka gin we' vun engem Sönn, siéf et vun den Aen oder vum Gehe'er.

D'mystesch-religie's Natur vum Patriotissem le'sst ons begreifen, firwat dest Gefill sech a senger sche'nster a nobelster Form grad bei dén drei Natio'nen vum Altertom manifeste'ert huet, de' am mêschten mystesch-religie's veruluegt woren: D'Juden, d'Griechen, d'Re'mer.

Et ass net lîcht festzestellen, ob de Patriotissem an de Scho'len vun dese Völker systematesch de Kanner an d'Se'l geplanzt ass gin, we' et villfach hautzudags geschitt.

Ent ass secher, dat ass d'Existenz selwer vum Hémechsgefill.

D'Annalen vun der Weltgeschicht schwätzen an deser Beze'ong eng klor an deitlech Sprôch. Mir brauchen nömmen d'öffentlecht Liéwen, d'Literatur, d'Politik vun desen drei Natio'nen ze stode'eren, fir e klort Bild vun hirem patriotesche Liewen z'entwèrfen, dat nach lâng Jorhonnerten de moderne Völker als Modell denge kann.

Mir hun an e'schter Rei „d'Judevollek" genannt.

Wa mir d'Natur vum Patriotissem bei den Israeliten analyse'ere wöllen, brauche mir keng lâng a schwe'er Quellestudien ze bedreiwen: Mir liése ganz einfach d'Psalmen.

D'Psalmen si lyresch Gedichter, durch de' de Kinneck David an e pur aner onbekannt Dichter hir Se'l zu Gott erhuewen hun. Eng gro'ss Zuel vun dese Lidder kann ower och énzeg an eleng vum patriotesche Standponkt aus betruecht gin an da muss é soen, datt d'Psalmen onvergleichlech Hymnen un d'Hémecht sin.

Des Lidder besangen matt enger Wèrf a matt engem Stolz, de' zwanzeg oder drösseg Jorhonnerten iwerdaueren, en Hémechsland dat nömmen e se'er klengt Gebidd opzeweisen hat a keng gro'ss a glänzend militäresch Annalen.

Jerusalem, d'helleg Stad vun Israël, de Sötz vun der Dynastie David, d'Haus vum Jehowa, d'Hâptstad vum Messias dén ere'scht komme soll, brét seng Grenzen net Honnerten an Honnerte vu Stonnen aus; lâng Zeit ass Jerusalem nömmen d'Hâptstad vun zwé klenge Vollksstämm.

Am Laf vun den Zeiten briéchen de' Friém an d'Land an, a Jerusalem, d'nationalt Hélegtom get zerste'ert, a wat nach vill me' schrecklech ass, vun de friémen Horden geschènnt an entweit.

Assyresch Kavallerie mecht Ställ aus den hellege Säll vum Tempel; d'Perser, d'Mazedonier, den Cyrus, den Alexander erschengen der Rei no vru Jerusalem. Zu gudder lescht planzen d'Re'mer hir Adler um Birg Sion op.

D'Rass vun de nationale Kinnecken huet scho lâng den Tro'n verlur; den Zepter ass vun dem Haus Juda entfall; idumäesch Försten, de' verblönnt a verkommen Dynastie vum Herodes, rege'ert, wo' fre'er den David an de Salomon d'Herrschaft haten.

We' gro'ss a schwe'er d'Ongleck och wor, neischt huet d'Hémechsle'ft vum Judevollek erstéckt; hir wöll mé och poetesch Le'ft zur helleger Stad huet all Schlâg iwerdauert.

De' gro'ss Onglecksschle', de' d'Hémecht getraff, hu wuel grad eso'vill d'jüdesch Dichter inspire'ert we' de Glanz an de gro'sse Num vun der Natio'n.

Eng sakral, mé echt poetesch Literatur ass aus dem nationalen Oemfannen ervirgâng. Hautdesdags, wo' Jerusalem zesoen net me' als Stad bestét, wo' d'Judevollek durch d'ganz Welt versprét ass, wo' se ké nationalt Reich, ké nationalen Tempel, ké nationalt Affer me' hun, sin et énzeg an eleng des helleg Lidder, de' an der Se'l vum jongen Israelit d'Le'ft zur Hémecht, de' verlur gângen ass, erwächen an önnerhalen.

Froe mir ons nun, we' beschâf eigentlech de jüdesche Patriotissem am Vergleich zum re'meschen z. B. wor, da musse mir soen, datt de jüdesche Patriotissem durchaus fridlech wor.

D'Jude schengen net gewosst zu hun, wat den Imperialissem, den Drang no Erueweronge wor a'si woren eigentlech ké krigerescht Vollek.

Neischt le'sst drop schle'ssen, datt hir Kinnecken, eso'gur net hir dichtegst, d'Grenzen vun hirem Gebidd ausbréde wollten.

Am Ge'gendél.

(Get fortgesat.)

Dengschtverpflicht

Ech hun haut de muren en Dialog am Tram nogelauschtert, dé mech e we'neg interesse'ert huet. Et wor riéds vum Fliegeralarm. Zwo' Dämmercher an en Här hun sech beklot, datt mir elo zwémol Alarm gehat hätten; si woren eso' krank, hun zwémol missen opstoen an an de kale Keller eran a. e. w. Ech go'f och an den Discours verweckelt an hun dem zömperlechen Trio eppes gesot, datt ech si bedaure ge'f, datt et mer awer net léd deng fir si; ech hätt och eng Zeit lâng dé Passetemps gehat an dat 4 Jor lâng an dobei an Deitschland, an ech hätt mech nach ni beklot. Aus Roserei sin ech bei der Post ausgeklommen an de Rescht hun ech zo' Fo'ss gemâch. Dat Recht hat ech jo, well ech ké Billjé ze kafe krut. Ech hun och an Deitschland gele'ert, am Tram o'ni Billjé furen.

We' ech du weider go'ng, huet den Intermezzo aus dem Tram a mir gewullt. Ech geso'ch, we' de' Leit, de' de ganze Krich durch heihém woren, so' hurteg onzefridde sin. Et ass trotzdém én Zéchen, datt et hinnen nach énegermôsse gudd ergângen ass. Wann ech é vu menge Komerode bege'nen, muss ech ömmer froen: Liéws du och nach? Ech wor nämlech én, dé 4 Jor net heihém bleiwe konnt, mé ech wor „Heim ins Reich" befördert gin. Vu mengesgleichen, de' zo' Honnerten ziélen, hun ech nach kés e Wurt an der Zeidong font. Et schengt mir, we' wa mir eso' eppes wären we' Marzipansmännercher, de' é gudd aweckelt an an de Schaf setzt.

D'Press huet nach ömmer vill geschriwen vun onsen Ömgesidelten (virof siéf nach gesot, datt z politesch Ömgesidelter an och anerer gött). Ech si fro', datt eppes fir de Leit önnerholl gött, si hu muenches verdengt an et ass eng Nationalflicht, datt mir ons fir si hirgin, eso'bal si nés all bei ons sin. We' si spe'der entschiédegt gin, iwerlôsse mer onser Regierong. Vu privater Seit ass un dénen ongleckleche Famiilen, de' d'Hémecht hu misse verlôssen, é gro'sst caritativt Wierk vollbruecht gin. Ech wor perse'nlech a verschidde Lager a konnt mech iwerzégen, we' et do zo'gângen ass. Matt Tre'nen an den Aen hu si jiddesmol mir Avoir gesot. Ech konnt hémgoen, a si hu missen dobleiwen. Dé moralesche Schued och hinnen kann net ersat gin. An desem schwe'ere Moment denken ech besonnesch un si allegur, an och un de', de' lagerfrei sin.

Ech sin de 5. September em 3 Auer an der Nuecht an Deitschland fortgângen. Mir woren zo' 30 Letzeburger beienén um Quai. Ech sin eleng an den Zuch gesiéss, de' aner konnten sech aus perse'nleche Grönn net entschéden. Den Zuch ass gefur, mir hun all gekrasch we' kleng Kanner. De' do bliwe sin wo'ssten, wat nach alles kem. konnten awer net matt hêm. Un si allegur musse mer denken. Dat ass dat énzegt, wat mer fir si mâche können dese Moment. Eng aner Ke'er erziélen ech iech eppes weider iwer ons Ömgesidelt.

Et huet den Uschein we' wann de Fall vun dén önner enger anerer Form ömgesidelte Beamten hei am Land net bekannt wär.

Vun den Administratio'nen wore spezie'll d'Douane, d'Gendarmerie an d'Polizei vun de Preise vise'ert. D'Eisebunn an d'Post hun och hiren Dél krut. Mat dénen drei e'schtgenannten ass den Ufank gemâch gin. Et huet fir d'e'scht gehéscht, si wäre militäresch geschult a wären eng Gefor fir de neie Regim. Eng aner Ke'er soten se, et wär eng Ausbildong fir nuren e pur Me'nt. Ent stét fest, mir wore fort a blo'wen och fort. Et wor so' eng fridlech Ömsidlong, eng raffine'ert Form jiddefalls. Dat siéf hei festgehalen. Den 1. 10. 43 krute mir eng Mattdélong vum CdZ, de' steckweis hei ofgedreckt ass:

Auf dem Graben 1.
Luxemburg, 30. 9. 43.

Der Chef der Zivilverwaltung
in Luxemburg
Sonderbeauftragter für das
Personalwesen.
He-Be. — Akt. Nr. 18893.
An den Herrn . . .

Die versetzungsgleiche Abordnung von luxemburgischen Beamten ins Altreich ist ein Teil der vom Gauleiter und CdZ. angeordneten und der gebilligten Massnahmen zur **Befriedung** des Gebietes Luxemburg. Der Erfolg dieser Aktion hängt im Wesentlichen davon ab, dass die Beamten **mit ihren Familien** am neuen Dienstort im Altreich wohnlich untergebracht werden. Der Beamte, der sich weigert, an den Dienstort im Altreich umzuziehen, sabotiert letzten Endes die Befriedung Luxemburgs. Er beweist damit seine politische Unzuverlässigkeit. Er ist daher grundsätzlich als deutscher Beamter untragbar und hat seine Dienstenthebung mit allen Folgen zu gewärtigen. Hiervon wird nur bei Vorliegen ganz besonderer Gründe abgesehen werden können . . .

En, dén deitsch liése kann, verstét elo, firwat d'Preisen Interessen haten, eis bei d'Muttien ze setzen. Mir, de' schon 1 an 2 Jor dohanne woren, ausgerechent mir hun d'Befriedong vum Letzeburger Land gefärdet. Ons Fraen a Kanner sollten op de' Mane'er zo' ons ömgesidelt gin, matt der Differenz zo' eise Schlesier, datt mir Dag a Nuecht önnert de Bomme gesiéss hun. Wann elo heihém é feindlechen Avion um Himmel ass, kre'en se all de Bauch we'. Iwer ons sin d'Tommien bis zo' 2 000 Stéck op émol ugerannt kom, an dat we' dacks. Mir hu vun Angscht oft geschwésst, well dohannen hat én do zo' Ursâch genuch. Ech wéss, datt dir heihém beim Alarm gesot hut: Ei, elo kommen d'Tommien, ke'men der nömmen 100 000 beienén a ge'wen alles dohannen kapott schloen. — Wié konnt eso' senger Fréd Ausdrock gin? All de', de' hannerwanns so'tzen, de' hei hamstere gânge sin, de' sech hei sat giéss hun, de' hei bei de Preisen hirer Sâch secher woren. Mir dohannen hun o'ni Flésch, o'ni eng wârm Zopp, o'ni Feier stonnelâng an der Do'dangscht verbruecht, an dest jorelâng. Ons Nerven hun och gelidden an d'Gesondhét ass mine'ert.

Mir reflekte'eren op ké Merci, besonnesch net vun dénen, vun dénen d'Befriedong vu Letzeburg am Verein matt den dreckege Preisen garante'ert wor. Eppes wölle mir, eppes verlânge mir och: datt é vir allemol de' Schnösserten, de' heihém de' bekannt Melodie: „Führer befiehl, wir folgen dir", gesongen hun, un hire Fall zreckdenken. Ech beto'nen nach hei, datt én, dén net ge'nt si wor, matt hinne wor.

Et hätt net lâng gedauert, dann hätten de' Hären nach gèr eng Triennal gehat, well si et 4 Jor heihém ausgehalen hun, an et gét och net me' lâng zo, da léen de' Hären, de' op hire Wonsch vun de Preisen pensionne'ert go'fen, dem Staat d'Rechnong vir vun der Differenz vum Gehalt op d'Pensio'n. Dé Fall könnt geléentlech hei op d'Tape't.

Eng moralesch Satisfactio'n vis-à-vis vun dénen Hären, de' d'Befriedong vu Letzeburg gesechert hun, stét ons zo'. Mir wöllen och versichen, dé Minimom fir eis erauszeschloen. Matt der Circulaire, de' ech viraus cite'ert hun, hun d'Preisen d'Kâz aus dem Sak gelôss. Mir wöllen nach kurz dat wichtegt Wurt draus analyse'eren. Zur Befriedong vu Letzeburg hu mir also missen hei eraus. An anere Wirder: De', de' an Deitschland scho wore virum 30. 9. 43 sin als gefe'erlech Elementer samt de Famiilen betruecht gin. Mir, de' versat woren an de' all Mo'nt oder méschtens all drei Me'nt an d'Ländchen durfte kommen, wore staatsgefe'erlech. Domatt hun si also bewisen, datt de' Employéen, de' si hei gehalen hun, fir si brauchbar Collaborateuren woren an d'preisesch Actio'nen geböllegt hun. Et durf ké kommen a soen, hién hätt heihém ge'nt d'Preisen geschafft. Ech gléwen, dat wor net me'glech. En, dén hinnen am Wé sto'ng, ass um schnellste Wé iwer d'Grenz gesat gin. En, dé ge'nt irgendeppes wor an sech durno opgefe'ert huet, hat doraus d'Konsequenzen ze ze'en. All Respekt fir de'. En, dén dat **net** gemâch huet, wor natirlech och net ge'nt si, awer matt hinnen. Et ass awer net ausgeschloss, datt muencherén vun déne Krichsverlängerongsoffize'er am Hierz anescht geduecht huet. Mé de Courage, fir no senger Iwerzégong ze handelen, huet him gefélt. De' si nach me' verdächteg we' de' e'scht Kategorie; et woren de' matt zwé Gesîchter, we' d'Letzeburger soten. Ech wöll net me' vill Wirder verle'eren: Si all wore politesch H. . . ., Profiteuren; de' op den aner hir Käschten geliéwt hun.

Ech erwarden, datt heidurch eng Klorstellong errécht gött. All Interessenten sollen sech zesummen dongen, wann et émol eso'weit sollt kommen. Mir sin och dénen dat schölleg, de' d'Chance net haten, mat et elo hei ze sin, an de', Gott wéss wat, mattmâche mussen.

R. R.

Et hêscht keng Ko' Blimchen' wann se keng Strimchen.

Novell vum W. D.

(Nodrock verbueden)

IV.

„Mawo' eng Hand eso' stark ass an dichteg do könnt dat ganz vum selwen datt si se mussen uechten, dat mecht sech schon o'ni vill Wierder", mengt d'Mamm.

„Ge' mer ewech", mengt de Papp. „Wo' d'Fra d'Box dre't, do weckelt de Mann d'Kanner a we' ech he'eren huet d'Box geschwönn. E Fraleitshor ze't me' stark ewe' e Klackesél."

„Ma vum „He'eresoen" dierf dach nach kén seng Fra schloen, dofir schleckt én alt ewech, an 't le'sst én jonge Leit Zeit. Du hues dach ömmer eso' stark drop gehalen datt d'Kanner hirt Gleck selwer sollte bauen, da lôss se nun och gewärden a wöll hinnen och net dra schwätzen."

Eng Zeitchen durno get d'Hochzeit um Brameschhaff gehalen, a we' et sech fir hire Rang gehe'ert. Op den Hochzeitsdag huet den Haff erausgesin ewe' e Ségemössennascht vu Mönschen aus dem Duerf an aus der ganzer Ömge'gend. D'Hâscht, d'Spönnchen an de Keller hun dén Dag bewisen datt se eppes lass hun. Dem Ro'seli seng Mamm huet an de' Dég eleng am Haus gehe'ert eso' datt de Gierch sech emol e Bild konnt driwer mâchen we' dem Ro'seli seng Mamm d'Regiment an den Hänn, an datt sei Schwe'erapp ower och net emol de' Bo'n ze son huet. E richtege Sto'ssneckel, eso' datt hién de Gierch gedauert. Wann hién dat verglach mam Dohém um Bo'nenhaff, da war et Dag ge'nt Nuecht. Dohém ass alles gangen ewe' an der Schne'erchen, a wann nach eso' vill Arbecht wor, et huet é bal ké gehe'ert schwätzen an d'Leit go'wen der Arbecht no matt midd. Hei go'f gerôst a gekrege'lt an alles ass durchené gerannt ewe' d'Henger wann hinne Fudder gestrét get, vill Gekeims a Geduldes, vill Wand a wa'sser Rén. E Fraleitsregiment.

Datt de Brameschpetter e richtege Sto'ssneckel wor, dat huet den Hochzeitsdag dem Gierch ere'scht wirklech virun d'Aen gefe'ert. De Brameschpetter war de Komper vu senger Mamm a seng Schwe'ermamm d'Kommär vu sengem Papp. De ganze Mönsch huet op dén Dag eso' richteg ausgesin ewe' e Steck dén d'Riéf iwerdubbert an op de Leck hongen ass dén Dreck gezun huet. Den Zylinderhutt huet him um Kapp gesiéss ewe' eng Gäns de' op engem E sötzt an um Bre'en, eso' datt é vum Gesicht kaum nach d'Halschecht geso'g. An der Eil hat hié sech de Bârt gemâch datt den önneschten Dél vum Gesicht ausgesin huet ewe' e Ve'perch dén ofgewéd ass, a wo' nömme rondöm d'Ke'flöpp nach e Putsch Gras stét oder nach heiansdo a Lankhallem sech de Gudden undét, well keng Ko' e verdaut. Beim Frack huet é gemengt de Schneider hätt en op ége Fauscht gezuafft. Entweder waren dem Petter seng Ärm ze kurz oder de' vu sengem Frack ze lâng an d'Schölleren hun sech och net recht dohém gefillt, eso' datt den iéweschten Dél vum Brameschpetter ausgesin huet ewe' en Ande'wenhét wat frösch gebonnen. Sei Kol a d'Hiém waren ewe' gepirplecht vun de Fangerspötzen an d'Köppen vum Kol waren eng Gefor fir de Mamm hir Aen, ewell d'Spötze stin strutz iwer de Kol vum Frack ewech a seng Fe'ss hun allerhand Mösselen matt de Schong ze délen. Am Gro'sse ganzen e richtegt Bild vun engem Sto'ssneckel, wo' soll eng Fra nach eso' e Mann uechte können? Eso' gét et wann e Mann dem Streid aus de Fe'ss gét we'nt dem le'wen Hausfridden, datt hién sech trompe'ert wann hién dem Streid wöllt ausweichen, da gét et him ewe' et dem Mann gângen dén, well d'Pèrd ge'nt den Zam gebass, d'Gitte fure gelooss, we' gesot eng Méschterschaft geschwö gehalen.

No der Hochzeit, wo' 'um Brameschhaff och allerhand Lompen ausgehânge fir domatt opzetrompen a wo' aus muenech Meck en Elefant go'f, ma wo' én anuecht geholl we'vill onglecklech Mönschen do lanschtené schaffen, well d'Rolle verke'ert verdélt sin a kén an der Roll dohém ass, de' hié spillt, do ze't dat jongt Pirchen op de Brameschhaff wo' d'Ro'seli jo abestued.

Um Bo'nenhaff go'ng e ganz anere Wand Do huet é Gescht d'Rudder gefe'ert de jidderengem seng Roll zo'gedélt huet datt alles go'ng ewe' op enger Auerwierk, dat huet d'Arbecht zo' enger Plese'er gemâch an d'Gemitter bero'egt, do go'f och Hand an Hand geschafft a net ge'ntenén a lanschtenén an o'ni an der Stonn eng Dose mol op d'Auer ze kucken an sech ze bekloen datt d'Zeit net wöllt erömgon.

An der E'scht huet dat Liéwen dem Ro'seli nawell gefall, an dém Fridd, an der Ro' huet et emol opgeotemt, ma e Géscht, dén sech bis émol un d'Krake'lerei an un dat Gerôs gewinnt huet, dé mengt, e könnt net dersonnert liéwen a kann et och op d'Dauer net lôssen.

Dat huet gehalen bis dat e'scht Feier den Hank.

Du huet et op émol gehéscht „bei ons dohém do go'ng et anescht er. Do war e Framönsch ké Filax a nömmen do datt, wo' gepaff ge'f", hatt ze sprangen huet. An ech froe mech wo' d'Männer dat Recht hirgeholl? Dat geng em dach vill ze weit an dém Dengen misst en Enn gemâch gin." Eso' leit de Gierch bestänneg an den O'eren. An der E'scht huet hién driwer gelâcht an herno verwonnert gekuckt: „Ma so emol, Ro'seli, mir lôssen der dach an Allem frei Hand."

„Gewöss, eso' weit ewe' d'Kette récht wo' én dra gestreckt ass, a kurz genoch. Hei gölt jo nömmen d'Wölle vun dengem Papp, dat hölt én op allen Ecken an Ennen anuecht."

„Da gefällt dat dir net recht datt hei emol e Mann de Rudder fe'ert an datt et ömgedre't ass ewe' um Brameschhaff?"

„Eng Fra soll och emol e Wurt dran ze schwätze kre'en, grad eso' gudd ewe' de Mann. Wat héscht hei frei Hand wann alles am Gleis ze lafen huet, wat dei Papp geluegt?"

„Ma hues de dann eso' vill drun auszesetzen oder kanns du et vleicht verbesseren? Gefällt der eppes net we' et gemâch get da muss du et soen, an da get emol zesummen iwerluegt we' et besser ze mâche wär." Domatt gét de Gierch erem senger Arbecht no an der gudder Ménong, dat wär nés ewe' fréier Fraleitsstaut gewiéscht an dat wär dem Ro'seli erem geschwö vergiéss. Oder soll dat Sprechwurt dach wo'er sin: „Et héscht keng Ko' Blimchen dés si hätt keng Strimchen."

D'Ro'seli gét matt ganz anere Gedanken zuko'er an dat ass, déne Mansleit emol eng Grötz me' op d'Fangeren ze kucken. Et net ze machen ewe' d'Bo'negiédel, nömmen zo' Allem „jo" an „Amen" ze son.

Nun huet et d'O'ere steif gehalen an opgepasst bei Allem wat am Haus gemâch a geschwat go'f, fir emol bei Geléenhét sei Pefferkerchen matt dran ze léen an dopatt ze beto'nen datt et an dem Haus eso a wo'me'glech och e Wurt mattzeschwätzen huet.

Um Bo'nenhaff woren d'Männer gewinnt all Händel selwer ze mâchen o'ni hir Fraen driwer ze froen oder sech vun hinnen dra riéden ze lôssen. Dén e'schte Be'scht, dén et Gierch verkâft, huet d'Ro'seli gemengt, „Wanns de mir e Wurt vergonnt, dann hätte mer me' aus dém De'r erausgeschloen ewe' eso', vun dohém aus wéss ech vill besser matt déne Fockerten ömzegon."

„We' hätt dem Gierch dat gesot huet so'tzen se grad um Dösch an op é Schlag huet é weider neischt me' gehe'ert gon ewe' d'Messeren an d'Forschetten.

Wié war um Bo'nenhaff eso' frech de Männer an hir Händel eran ze riéden? Eso' vermessen hinnen d'Freihét am Handel a Wandel ze huelen?

(Get fortgesat.)

Wo'hin gét de Wé?

Et schengt, we' wann den Artikel „Höllef fir den Arbechter" an der Nummer 5 vun der „Unio'n" am gro'sse ganzen gudd gefall hätt. Besonnesch d'Arbechter de' an der Unio'n sin, hun eis offen a frei hir Ménong gesot. Mer fannen et der Me' wèrt fir nach eng Ke'er drop zreckzekommen, well d'Arbechterfro eng vun de wichtegsten ass a well zo' hirer Le'song d'Mattarbecht vun all dénen erfuerdert ass, de' et gudd matt him mengen. Den Arbechter selwer muss virun allem seng Sâch selwer an d'Hand huelen. An zo' der gro'sser Zuel vun dénen, de' Jor aus Jor an am Rad stin, ziele mer eis matt.

Et bestét nu wuel d'Gefor datt mer vu verschiddener Seit an eisen Ausfe'erongen erem net richteg verstane gin. Ma fir eis zielt nömmen ént **Opklärong an Opbau!** — Mer hun an eisem Artikel de Prinzip vertrueden, datt nömmen eng énzeg gro'ss Arbechterorganisatio'n et ka fèrdeg brengen zum Wuel vum Arbechter an zum Wuel vum Land mattzeschaffen.

Jidferé verstét, wat önnert enger énzeger Arbechterorganisatio'n gemengt ass. All de' drop ugewise sin, durch hir Arbecht sech d'Bro'd ze verdengen, siéf et op der Schmelz, am Minett oder soss anzwo', de' net we' d'Eisebunner oder aner hir égen Organisatio'nen hun, sollen sech op streng neutraler Basis zesummendin, fir d'materiell Froen zum Wuel vun hirem Stand ze le'sen. Et ass net de' e'schte Ke'er, datt versicht get éneg virzegoen. Wo'runner et leit datt des Enegongsarbecht bis elo emmer zerschloe go'w, ass lîcht eraus ze fannen. Op der enger Seit sto'ng d'anonymt Kapital, fir dat d'Enegkét vun den Arbechter nach ömmer de' gre'sst Gefor wor. Op der aner Seit sto'ngen de', de' den Arbechter gesicht hun vir un hire politesche Won ze spanen, fir durch hién zo' hiren Ziller ze kommen. Mer erkenne gèr d'Oprichtegkét an d'Loyalite't vun dem énzelne Volleksvertriéder un, ma durch de battere Streit, dén ömmer önnert de Parteie bestanen huet, ass am gro'sse ganzen net vill fir de klenge Mann erausgefall.

Bis zum 10. Mé 1940 hate mer hei am Land zwo' gro'ss Gewerkschaften, de Verband vun de Freie Gewerkschaften an de Chröschtlechen Arbechsbond. De' aner hun dé Moment net geziélt well et woren, we' én eso' sét, dèr Ofgespleckter. Wa mer se am Erlanschtgoen ernimmen, dann ass et fir drun ze erönneren, datt dé Klenge gemengt huet, e könnt sech de Luxus vu ve'er Verbänn léschten. Jidferén huet wuel gesot et wär net an der Rei, ma wién hätt können fre'er eppes dorunner änneren. Et huet dofir mussen de Preiss kommen fir och doran Reme'd ze schafen. Do huet kén opgemuckt a geschlossen wor alles an der DAF.

Haut get vun alle Seiten zur Enegong opgeruff. D'Wettlâfen em den Arbechter huet op der ganzer Linn agesat a matt alle Möttele get versicht en op de' eng oder de' aner Seit eriwer ze ze'en. Jidfré wöllt den e'schte bei der Kundel sin. Mir iwerlossen dem Arbechter et selwer, fir sech festzeléen. Mer wössen en huet klore Kapp genuch fir dat Bescht eraus ze fannen. Blo'ss wölle mer dat elei bemierken:

Wa mer d'Enegong erbeife'ere wöllen, wa mer wöllen hun, datt se herno ower och all un engem Strank ze'en, dann hätt missen den Uschein vermidde gin we' wann eng Seit sech wöllt Hèr a Méschter mâchen. An do hätte mir dat elei virgeschloen: D'Kapphèren vun den énzelne Verbänn eso' weit se nach hei sin, wären zesumme komm an se hätten sech dat elei gesot: Mer énegen eis op e bestömmte Programm. Mer komme periodesch zesummen a bespriéchen a voller Loyalite't all vital Froen vun der Arbechterschaft. Mer gin eis d'Wurt datt mer nömmen dat ént Zill am A hun: Alles ze mâchen datt dem Arbechter gehollef get. Mer hun am „Conseil National du Travail" eng Institutio'n, de' et de Verbänn erme'glecht, a voller Loyalite't zesummen ze schaffen. Dese Conseil, dé, mer wöllen et beto'nen, an de Joren vrun der Okkupatio'n dach muenches errécht huet, bestét nach ömmer zo' Recht an huet seng Arbecht eröm opgeholl. An him si Vertriéder vun den Haptverbänn.

Firwat mer dat alles soen? Et ass dach klor. Mer hun de' Seit nach vill vun eise Leide sötzen, de' beruff sin um soziale Wierk mattzeschaffen. Mir hun hinne ge'ntiwer Verflichtongen. Si sin et, de' dat gre'ssten Affer bruecht hun. Am de'wsten Hèrz wönsche mer, datt se enges Dags eröm kommen. Hinne soll et erme'glecht gin um neie Bau mattzeschaffen. Si sin dach allegur d'Pione'er vun der gudder Arbechtersâch gewiéscht. Dofir hätt ower an der Töschenzeit alles könne prepare'ert gin, fir d'Gröndong vum neie Verband. An der Press an a Versammlongen wir den Arbechter opgeklärt gin iwert alles wat domatt zesummenhänkt. De' énzel Verbänn solidaresch am Programm wäre periodesch zesummekomm a jidferén hätt sei Bescht zur Le'song beigedron. Et wir op engem klengen Emwé dat errécht gin wat elo bezweckt get. A wann dann den énzeg sche'nen Dag dogewiéscht wir, wo' all eis Leit eröm dohém wären, dann hätte mer se all zesummegeruff an hinnen dat Neit önnerbrét. Hire gudde Rot hätt bestömmt vill genotzt a matt hirer Höllef ge'we mer opbauen de' gro'ss Unio'n vun de Letzeburger Arbechter.



ONS SPROCH

Ons Sprôch ass reich un Einfachhét
A wurzelt de'w an onsem Land.
All To'n ass voll Natirlechkét;
Bis weit an d'Friemd schle't si e Band.

All Wurd ass we' e Lidd.
We' ass de Bur so' de'w, so' klar,
So' reich un Hierz an u Gemitt.
We' sin de' Te'n so' wonnerbar,

Ons Sprôch de Géscht vum Vollek ass,
Dé we' en hell'ge Bâm dostét.
A frei an offen we' eis Rass
De letzeburger Géscht ons lét.

Emil Hemmen.

En offene Bre'f un de' eng an un de' aner

Ons Regirong ass aus der Friemd erém kom, an huet e me'glechst gro'ssen Durchenaner font, awer si waren voll gudder Plangen, a si hu gemengt si braichten nömmen ze dikte'eren an ze parlamente'eren, an da ge'ng d'ganz Sâch vum selwen an d'Rei.

Si haten ons och versprach, wann si eröm ke'men da wir hier allere'scht Surg, ons fir all dé Misär ze entschiedegen, dén de' knaschteg Preisen ons wärent iwer 4 Jor ugedun hun.

D'Unio'n ower setzt d'Verre'der an, de' Häre Ministere lôssen s'eröm lafen, aus Angscht et könnt emol engem Ongleich gesche'en.

Ech perse'nlech, mei Mann a mei Kand hun an desem Krich alles erdron wat nömmen ze erdroe wor. Mir hu ké Londoner Sender gebraucht, dén ons gesot huet mir solle résiste'eren, mir hun och ké gebraucht, dén ons gesot huet mir sollen „dragoen", well mir wären nie „dra gângen", a wann et de Kapp kascht hätt. Ech sin net fir eng „Volksjustiz", ech sin net derfir, datt jidferén u jidferengem sei Mitchen kille soll an därf. Gerechtegkét muss uewe bleiwen, iewel eso' lâng ewe' zwo' Parteien ,an zwar ons Regirong an ons Unio'n sech entge'nt schaffen, eso' lâng ka keng U'rdnong gin.

Durfir froen ech: „Firwat hölt ons Regirong net offe Stellong zur Unio'n?

„Firwat tröfft ons Regirong net an aller Öffentlechkét en accord mat der Unio'n an akkredite'ert de' Memberen, de' offiziell mat der Regirong schaffen?"

Wann an der Beze'ong eng Regelong font ge'w, da wär mat engem Coup ali Geschnöss ömt d'Unio'n önnerbonnen. Et get eso 'vill geschwat, datt net alles propper an der Unio'n wär, datt de', de' d'Haptlâscht am Krich gedroen hun, jo net dohém sin, ewell se all am KZ. sötzen, ömgesidelt sin, an de Prisongen se'tzen an eso' weider.

A wat ass d'Unio'n dann aneschters ewe' de', de' dohém nach d'Resistenz woren? Jiddenfalls kennen si besser ewe' ons Regirong de', de' mussen aus dem öffentleche Liewen, wann och nömme fir eng Zeit lâng, eraus geholl gin.

Wat ge'w dat gin, wann all Preiss, dén net direkt eng Knaschterei gemâch huet, am Land bleiwen därft? No 10 Jor ge'w sech bei him eröm „die Stimme des Blutes" bemierkbar mâchen, de ganze Schwindel mat den „unterdrückten Minderheiten" ge'ng eröm un, a mir wiren de' Domm derbei.

Durfir mussen all Preisen aus dem Land verschwannen, an zwar 100%eg mat Kanner an Kanneskanner, ganz egal op se e gudde Frönd hei oder do sötzen hun.

Dir musst net soen, dir hätt keng Plâz fir se önnerdâch ze brengen, d'Preisen hu sech keng Gedanke gemâcht, we' se ons önnerdâch brenge sollten.

Ons Lageren hun aller Kultur an Ustand an d'Gesicht geschloen, et wor de Preisen egal op se Brand haten, oder op mer déglâng an onse verwanzte Stre'säck hu misse leie bleiwe, well et ze kâl wor fir opzestoen. Si hu sech keng Gedanke gemâch op mir krank si gin, op mir z'iessen haten, op mir ons kromm a kröppelech an hiere Krichswierker geschafft hun.

An ass eng Doze Leit hei am Land de' wössen, datt ons Fraen, ons jong Kanner an ons Männer zönter Enn August an den Osten ofkommande'ert sin fir ze schanzen?

A mir solle Recksicht huelen?

Durfir nach eng Ke'er, sicht eng propper Le'song, datt ons Ömgesidelt net mam eisene Bi[illegible] kire br[illegible]e, wann si eröm kommen. [illegible]ms.

we' huet et gehéscht, wa mer op d'Musel komm sin. Emol, t'ass kén do, an dan erem: mir mussen ofliweren.

All Hausstod hât all 3 Me'nt 20 Liter zegudd, mè wur ass en hi[illegible]m? Mir wössen et. — An haut si mir keng gudd Letzeburger, wa mer neischt gin fir hir Ke'. Nujé alt, dat ass jo och vergiéss.

Dat ass wat ech wöll soen als gudde Letzeburger. Ech striéwe mech net fir eppes ofzeliweren, mè ech wollt de Miseler Beschéd soen: bei eis brauchen se keng Hâm fir hirt Ve' matterdurchzehuelen, mir man dat fir neischt, soss wäre mer jo och keng gudd Letzeburger.

Nach e gudde Rot gin ech der Spötzt vun der Unio'n. Hâlt, wât der versprach hut, mir stin matt allem hannerun iech. Handelt streng, ower gerecht.

De'je'neg, de' haut nach eso'vill schnössen a kritise'eren, dat sin der elauter, de' och nach eppes z'erwarden hun.

En, dé schon am Oktober 1940 organise'ert ass gin an dén sech net vun de Preisen op d'Nues mâche geloss huet.

A wann nach é vun dénen Hären, de' so' lâng am Schiéd so'tzen, eppes klenges me' wöllt gewur gin oder eppes besser ka mâchen, da soll dén sech un d'Unio'n wennen. G. N. A.

Nach eng Stömm vum Baurendurf

Ech liésen an enger Nummer vun der „Unio'n" en Artikel: Eng Stömm vum Baurendurf.

Ech sin och Bauer an dobei och Sektio'nschef an eso'gur nach Grönner vun der Unio'n a mengem Durf. Ech schreiwen net gèr matt der Fiéder, soss ge'f ech vill schreiwen, wat mir um Hèrz leit.

Am Krich hu mir geschafft, Dag an Nuecht. Am Dag fir de Betrieb énegermôssen an der Rîcht ze halen an nuets fir dat anert, fir dat mir eis hirgin haten. Op Dank hu mir jo vun Ufank un net gerechent, mé mir haten eis eppes anescht erwârd vun desen Hären, de' eis ömmer am Radio opgestöppelt hun wärend dem Krich. Mé du wore mir gudd Letzeburger an haut si mir Bo'wen a Kommunisten. Datt eist Liéwen an eist Verme'gen um Spill sto'ngen, dat ass fir de' Hären glad neischt, et wor jo och gur keng Gefor domatt verbonnen. Wa mir awer drun denken, nömmen un eis Kollegen aus dem Bauerestand, de' am Krich ro'eg hir Arbecht gemâch hun an dobei och nach niewelanscht e bösse gewuchert hun, da könne mir haut matt Recht soen, wann d'Baueren elo eso' am Dreck geschléft gin: Wat ware mir Ochsen.

De' eng, de' hun sech dem Schiéd no gedre'nt, we' d'Preisen et gèr haten; si hun hir Geschäfte gemâch an si hu ro'eg geliéwt. Et ass jo och neischt un si kom an et könnt och nach haut neischt un si; de' aner, de' mir an eisem Efalt ugestach hun, de' lôsse mer och geschwönn erem lafen, well dén én dén huet hei e gudde Monni an do, an dann därf dém gudde Jong dach neischt gesche'en. Et sin der jo haut och nach genuch, de' kritise'eren, ma fir unzepaken, dofir si nömmen de' Domm do. De' aner, dat wore jo nömme Letzeburger a mir woren och nömmen dofir do.

Nu nach e Wurt vum gudde Letzeburger:

D'Musel, d'Sauer an d'Our si jo haut evakue'ert, an datt mir wölles hun, déne Leit ze höllefen, hu mir jo bis haut scho bewisen. Nömmen an der leschter Unio'n go'f geschriwen, én, dén net richteg ge'ng ofliweren, fir de Leit hirt Ve' matterdurch ze brengen, dat wir ké gudde Letzeburger.

Am Krich hätte mir awer och alt dacks gèr e Pättche Wein gedronk, a

Den Treischwur

E sche'ne Summerowend hun ech en Déserteur beglét, fir op e Bauerenhaff ze goen. Mir sin durch de Bösch gângen bis lânscht d'Duerf. Do hu mer eröm d'Strôss gehalen. Wa mir é bege'nt sin, dann hu mir fröndlech gelâcht a geschwat, grad we' wa mir ge)wen hamstere goen.

No zwo' Stonne Wé war mir ukom. Den Haffhond huet eis ugemelt. Hie wosst, datt hie misst oppassen. Et woren nach zwe' Déserteuren am Haus. D'wor en herzlechen Emfank an de' drei Déserteuren waren gleich gudd Frönn. De Bauer war e stackechte Letzeburger.

We' ech fort si gâng[illegible]n, hun sie mir alle ve'er gesot, [illegible]ch sollt mâchen, datt sie och an d'Union ke'men. Dât hun ech hinne versprach. Ech h[illegible] mengem Chef et matgedélt. E puer Wochen drop si mir op den Haff gângen an de' ve'er Patrioten konnten eiser Herrscherin Trei schwieren. Flichtbewoss[illegible] a matt klorem Bleck hu sie den Ed ofgeluegt. Mir krûten [illegible] Glas Wein offre'ert an hun eis dobei önn[illegible]en iwer dé sche'nen Dâg, wann eis [illegible]'w Gro'ssherzogin eröm ke'm. Dorophin hu [illegible]ir Avur gesot a sin zefridden a glecklech hém gefuer.

D'Schecksal hât et le[illegible]r ânescht bestömmt. De Bauer wollt zwe'n allie'ert Zaldoten, dât héscht zwe' gefânge Russen d'Li[illegible]en [illegible]tten, an huet se bei de' 3 Déserteuren an d'Hau[illegible] [illegible]holl D'Preisen kruten Wand vun der Geschicht an d[illegible] [illegible]er ass zes[illegible]mme matt dénen zwe' Russen den Heldendo't oder villmé de Märtyrerdo't gestuerwen

Wann ech haut an deser deischtrer, stirmesch a verantwortungsvoller Zeit no engem Wéweiser sichen, da rifft de Patriot Bertemes mer aus der E'wegkét zo': „Trei". Ech äntweren am Géscht: „Trei".

Virun enger kurzer Zeit huet e letzeburger Arbechter zo' mir gesot: „Ech hu mech geschter an d'Kommunistesch Partei gemeldt; elo ass de Moment do, fir dé Pâfebutek eweg zu kre'en." Letzeburger Patrioten! denkt un den Treischwur, a kämpft eso' lâng, bis de Fridden an d'Freihét ge-Déserteur beglét, fir op e [illegible] haff sechert sin. Hu vleicht de' Millio'nen Russen an de Bauer Bertemes hirt Liewen gin, fir de Pâfebutek eweg ze kre'en? Dem Hitler sei Kniecht, den Hèr Professer Kratzenberg, hat schon eng Ke'er d'E'er, fir de' domm an de' blann Letzeburger eraus ze sichen an hien huet doraus de' schenste Giélemännercher gemâch. Et wärd dach elo net nach é kommen, fir de' allerdommst eraus ze sichen.... P. R.

D'Wullmeis

Se hâssen, verfluchen hirt égent Geblidd
Vergöften, verdamen dem Vollek sei [Fridd.
Se reissen a stîrzen d'Gesetzer op [d'Kopp
Se jeizen a bröllen an halen net op.
Feig a verlugen!
Frèch ewe' d'Honn!
Stin se ge'nt d'Hémecht!
— — — — Wullen se schon!
Gefault a verduerwen u Leif an u Se'l
Vermuscht ass d'Gewössen, se halen [net ste'l
A stiéchen am Donkel —, se wössen [wuefir
So' hémlech hir knaschteg Wäsch [önnert d'Dir.
Falsch a vermiessen!
Deiwelesch schlecht!
Speitze ge'nt d'Hémecht!
— — — — Uerdnong a Recht!
Se liéwen hirt Liéwen „Se si jo befreit"
(An de' Seit der Musel do bludden eis [Leit)
Eng gre'sser Schmod, eng gre'sser No't
Ké Fillen an Denken fir Kreiz a fir [Kro'n!
Fir wat och? si kre'e jo — Judasselo'n!

Et ass eleng we'nt der Justiz, de' propper muss sin!

Eine notwendige Aufklärung

Op dén Artikel „Eine notwendige Aufklärung" am Tageblatt déle mer dat hei matt:

Mir hun an dem Fall, dén a Fro stét, net e Moment u Parteipolitik geduecht, de' iwerlösse mer aner Leit.

Dir bezéchend onst Schreiwen anonym, ma mir woren der Menong Unio'n Munref ge'ng völleg dur. Eren Artikel ass jo och anonym.

Am iwregen denke mer net drun Regirong oder Procureur ze spillen, obschon et hei an der Frontzôn dacks nédeg wir.

Mir haten der betreffender Fra hiere Numm op der Löscht fir se interne'eren ze lössen, mé op hieren ausdrecklleche Wonsch hu mir hier erlâbt, no Letzeburg bei hiert Médchen ze plönneren; mir hunn hier awer mattgedélt, si därft ere'scht dann no Munref zreckkommen, wann d'Amerikaner me' weit fort wären. Dat Dokument, wat Dir publize'ert, önnerschriwen vun engem Member vun der Unio'n, huet awer och glât neischt matt deser Geschicht ze dun. Trotz hierem Verspriechen, net op Munref ze kommen, huet d'Madame W..... en Antrag gestallt, fir eröm hér ze kommen. Durobhin ko'm op d'Gendarmerie den Oberleutnant S..... zesummen matt engem amerikaneschen Offize'er vum C. I. C., fir Renseignementer iwer d'Madame W..... ze kre'en. Och ons Gendarmen hun démols d'Madame W..... an déne richtege Fârwen beschriwen, an och si hun der Betreffender verbueden, zreck no Munref zu kommen.

Datt d'Madame W....., e Preiss ass, an sech och am Krich als Preiss bei all Geléenhét opgespillt huet, dat kann Iech hei zu Munref all Kand beweisen.

Dat Schreiwes, no dém de' ganz Familje, iwer de' mer elo me' schreiwe mussen we' s'iwerhâpt wert ass, — d'preisesch Nationalite't wärent dem Krich ugeholl huet, ass vun ons ge'nt Quittong un d'Gendarmerie Munref ofgeliwert, a vun do aus bestömmt un de' richteg Plâz virugelét gin.

Fir de Rescht ass dé ganze Fall fir ons erliedegt, a mir hoffen, datt Dir matt ons eso' weit d'accord sidd, fir anzegesinn, datt mir net am Onrecht woren, we' mir den Här Justizminister drop higewisen, datt hie sech bei ons iwer de' betreffend Fra hätt informe'eren derfen, ir hien hier e sauf-conduit ausgestallt huet, dén net ganz den Ömstänn entsprecht.

D'Unio'n Munref.

Offene Bre'f vu Walfer

D'Unio'n Walfer wöllt Iech émol froen, we' dat me'glech ass, datt eng Partie vun dénen Interne'erten a speziell de', de' am mêschten op der Krupp hun, an de' nach haut grad eso' gefe'erlech sin fir d'Secherhét vum Staat an och fir d'Operatio'nen vun onsen Allie'erten, we' wärend dem Krich, eso' hémlech o'ni vill driwer ze schwätzen an ze önnersichen, aus dem Interne'erongslager entlôss gin. Hei e ganz krasse Fall:

Mir hun den L. N. aus Berel, Chef vum Ernirongsamt Letzeburg, aus folgende Grönn interne'ere gelôss.

1. Den L. N. huet Nr. **135** an der VdB. agetratt den **10. Juli 1940.**

2. Organisatio'nsleiter a Stellvertreter vum Ortsobmann an der DAF.

3. Aktivist am weissen Hiém a schwärzer Box.

4. En huet Berichter gemâch iwert de gudden Arbechtssystem vun de Nazien an der DAF.

5. Durch seng pronazi Astellong huet hién opgrond vu sengen Relatio'nen mam berüchtegten Ortsgruppenleiter Kieffer de' brillant Stellong am Ernirongsamt Letzeburg krit, wo' hien no'm **haut** de Chef spillt.

6. Seng Fra wor Aktivistin an der Frauenschaft.

7. Seng Médercher woren aktiv am BDM,. dat ént eso'gur Scharführerin, a mir hun handschröftlech Bre'f fond, wo' hatt **letzeburger Médercher** bei der preisescher Untergauführerin Kirchgaesser **denunze'ert huet.**

Dat sin ons Grönn, Här Justizminister, an dén Här vun der Sureté, dé bei der Interne'erong dobei wor, war vollkomme matt ons d'accord. Och en zwéten Agent vun der Sureté, dé nach extra an desem Fall sech op Walfer huet beme'e missen, hat es schons bei de pur e'schte Ponkte genuch. An e pur Dég no der Interne'erong gesi mir den Här L. eröm Stolz durch d'Strösse böselen, an net nömmen dat; hien ass eröm Chef um Ernirongsamt Letzeburg, dat dach haut eso' eng reng Letzeburger Arichtong soll sin.

De' Beamten am Ernirognsamt könne stolz drop sin, datt nach haut e preisesche Käppchen hinnen hir Arbecht dikte'ert. Ass dat nach dran?

D'Madame L. wor och bei ons um Büro an huet ons bal én O'er vum Kapp geschwât a matt alle me'glechen Entschöllegongsgrönn versicht ons ze iwerzégen, we' onschöllec a we' krank hire Männche wir. Nömme weiss wäsche konnt se hié net, well dat wat hié verbrach, huet hién sech dach selwer agebrockt.

Nu wölle mir Iech nach froen, Här Justizminister, ass dese Fall a nach vill aner virun der Interne'erongscommissio'n önnersicht gin, we' et am Arrêté ministériel vum 12. Oktober 1944 stét, a wié wor an dèr Commissio'n?

D'Unio'n Walfer.

Dat get et och nach bei ons

Vrun e pur Deg haten de' Gasprecher Leit och nés eng Sâch fir sech greng a giel z'irgeren.

„De Schlottert ass nés dohém', gong et vu Monn zu Monn.

E gudden Nazifrönd an NSDAP.-Lomp ass fir 14 Dég aus dem Prisong op Urlaub kom. Dat ka nömmen hei a Letzeburg virkommen.

Hun ons Letzeburger Männer och Urlaub kritt aus de Prisongen oder KZ.-Lageren wann hir Fraen eppes haten? Ech mengen net!

Wann én sech erlâbt hätt fir frei ze froen, dann hätt en nach eng Portio'n Stréch me' kritt. D'Fraen si gestuerwen, de Mann so'tz propper am Gronn oder an irgend ..... KZ-Lager; an elo verfu're mir eso' matt dénen Depp!

D'Unio'n Gasperech.

Die Union hat die Liste noch nicht eingereicht?

Zo' deser Schlagzeil am Tageblatt vu göschter kurz dat hei:

D'Löscht vun onsen 12 Richterkandidaten ass prett. Et ass ower d'Opfâssong vun der Unio'n, datt et nach net un der Zeit ass fir zo' Gericht ze sötzen, eso' lâng ons Leit aus den Ömsidlongs- a KZ.-Lageren na net eröm sin.

1. Ass et jo net me'glech richteg ze juge'eren eso'lâng de' bescht Zeien na net do sin an et wär och aus verschidene Grönn onvirsichteg elo schon Urtelen ze spriéchen.

2. Mir warden nach ömmer drop, datt dat **ganzt** Gesetz vum 14. 7. 1943 rétroactiv gemâch get, well mer soss e gro'ssen Dél vun den Haptschöllegen nét bestrofe können.

3. Et as bis haut nach ké Gesetz do wat eng ugemiésse Geldstrof resp. Verme'gensbeschlagnahmong virgeseit fir de' letzeburger politesch Verbriécher, de' nach am Land sin.

Et wär onser Ménong no mé wichteg direkt hei Remedur ze schâfen, we' elo scho vun de Laierichter schwätzen.

D'Unio'n.

Nömmen dén, dén net mattgehollef huet oder net selwer am Fall wor, ka soen: „En hätt och sollen derdurch goen." Mir wössen, we' Jongen, de' net de richtege Fuedem fond hun, op ége Fauscht op d'Sich gânge sin, fir irgendwe' können eng Stopp ze fannen. Si sin ofgewise gin, wo' se ugeklappt hun, an si hun, d'Verzweiwlong am Hierz, missen hanneschte goen. Anerer sin Dég a wochelang dorömmer verschloe gin, ir se en Önnerdag fond hun, oder dach eng Quell, wo' se z'iésse kruten. Et ka sin, datt si sech net richteg unzelée wossten. Mé et muss é bedenken, datt d'Organisatio'nen iwerluede woren, an datt et hinnen onme'glech wor, vu sech aus un all Jongen erunzekommen. Et muss én iwerléen, we' virsechteg huet misse virgânge gin. E falsche Gröff, an eng gro'ss Zuel vu Jongen an aner Patrioten wore geliwert. Engem Onbekannte konnt én net vu virrerof trauen. Leider sin d'Erfarongen do, fir dat ze beweisen. D'Hierz dét engem we', wann é bedenkt, datt op de' Mane'er brav letzeburger Jongen d'Me'glechkét net haten, sech vrun de Preisen a Secherhét ze brengen. Si verdengen all onst Mattléd, mé ké Virworf.

Anerer sin nach an d'Kasère gâng am gudde Glaw nach an Urlaub können ze kommen. Bis dohin wär alles virberét gewiéscht fir datt si hätte können verschwannen. Si sin ower aus der Kasèren eraus direkt un d'russesch Front geheit gin, o'ni Me'glechkét sech ze drecken, an si leie vleicht scho weit ewech vun der Hémecht, de' si grad eso' gär haten we' mir, an engem verlössenen Zaldotegraw a russeschem Buedem, Wién därf hinnen en Virworf machen? Wién därf hinnen an hire Familjen d'Recht op dat de'fst Mattléd ofspriéchen?

Mir wösse jo och we' d'Preisen matt den Elteren ar de Geschwöster vun de Jongen ömgesprongе sin, de' sech der Wehrflicht entzun hun. We' Verbriécher, o'ni Hab a Gudd, go'wen si an e Konzentratio'nslager verschléft, de Papp hir, d'Mamm dur, an d'Kanner soss entzwo'. E Liéwe voll Misär a No't huet si matt abseluter Secherhét erward. D'Mamm huet net gezeckt fir all de' No't an de' Schmod ze-erdroen, fir hirt Kand vum Do't an der Gewössenspeng ze retten. De Papp huet gären all Lascht iwerholl fir sengem Jong d'Liéwen an d'Zo'konft ze erhalen.

Mé et muss én och iwerlén, datt et net nömmen eng Elterele't gét, der neischt ze schwe'er ass, mé datt ons letzeburger Jongen eng Le'ft fir hir Mamm an hire Papp am Hierz droen, de' net zo'losse wollt, datt hir Elteren fir si a Misär an No't ke'men. Eng weider Gewössensno't ass fir si operstanen, de' si net zo' hirem perse'nleche Virdél ze lese ferdeg bruecht hun.

Aus dem Arbeitslager an aus der Kasèren si Bre'f komm, wo' neischt dra stong vun dem hémleche Léd, dat de' jonk Se'l ze droen hat, neischt vun den Tre'nen, de' Nuets, o'ni datt én et konnt gesin, gekrasch go'wen, neischt vun der verzweiwelter Wut, de' um Gemitt gefriess huet. D'Mamm dohém sollt net nach me' misse kreischen, an de Papp sollt bei seng Suergen der net nach derbei kre'en. Aus dem Jong wor e Mann gin, an de Mann huet sech d'Recht net zo'erkannt sech ze retten dodurch datt é seng Elteren an d'Ongleck bruecht hätt.

Sin de' Jongen ze verurtélen? Sin et net wertvoll Charakteren, virun dénen é me' Respekt muss hun ewe' virun dénen, de' se eso' lichtschâz verdame wöllen oder dach mengen vun uewen erof do se kucken ze därfen, an de' net ömstand woren, am Krich, we' No't um Mann wor, ze höllefen?

Richt net, fir datt dir net gericht get, kann én hinne soen!

Ons Jongen ower, de' hei sin, an de' de' leider dat Gleck nach net hun, stinn daper an trei do.

Matt hinnen könne mer d'Zo'konft vum Land opbauen.

Unio'n ass Resistenz

(Fortgesat vun der 1. Seit.)

wat du huet missen u Liewensmöttel, Kléder, Fönmes e. s. w. opgetrompt gin, doriwer können vleicht nömmen de' sech e richtegt Bild mâchen, de' direkt oder indirekt eng Hand ugepakt hun. Wann é we'ss, datt an dèr Zeit nach Dausenden an Dausenden vu Päck an d'KZ. an un eis Oemgesidelt gânge sin, a wann é sech erönnert, we' schârf d'preisesch Kontroll démols war, da muss wuel eso'guer de Feind Respekt virun dèr Léschtong hun. Et ass och fir eis Jongen net all Dag Beefsteak mat Fritten gin, mé et ka wuel ké soen, datt hien eschtlech Honger gelidden huet; me', we' mer hat an kritt hun, konnte mer allerdengs och net gin.

D'Resistenz huet och am Krich Millio'nen opgehuewen a gesammelt, fir all de' Leit z'önnerstötzen, de' durch de preiseschen Terror an No't komm waren a mer son haut all dénen, de' Geld an eisen Oennerstetzongsfong verse'ert hun, villmols merci. Et wor net ömsoss. Vill Fra'en hun net eso'vill gekrasch, well hir Kanner sin net me' hongrech vum Dösch gângen.

D'Resistenz huet vun Zeit zu Zeit Flugziedelen verdélt. Mer hun domadden keng blann Hetzpropaganda ge'nt de Preiss wölle mâchen (et wor jo scho Misär genug am Land), mè mer hun dobei ömmer versicht, eis un d'Tatsâchen ze halen, an nömmen dann eis Trakten ze lance'eren, wann eppes lass wor an eng Entschédong an der Loft ho'ng.

D'Resistenz huet d'Paro'len fir de Sabotage erausgin an all gudde Letzeburger huet eis dobei gehollef. Offene Sabotage konnte mer eis jo leider net zevill lêschten, dorfir waren d'Strofen an d'Repressalien ze vill hârt an och d'Oemstänn net gönschdeg genug, mè wat u verstoppter Sabotage an de Wierker, beim Bauer, an de Geschäftsheiser a besonnesch an de Büro'en bedriwen gin ass, dat ging en deckegt Buch gin wann e wöllt alles opschreiwen.

D'Resistenz huet och de Spionage fir de Allie'ert organise'ert. Mer haten jo gudd Letzeburger heihém an och an allen Himmelsrichtongen vun der „Festung Europa" sötzen an dodurch war et eis me'glech eisen allie'erte Frönn wichteg Renseignementer an Dokumenter an d'Hänn ze spillen.

D'Resistenz huet am Krich vill Suergen a Léd gesin. Si ass durch eng hârt Scho'l gângen. An dorfir huet si schon am Krich hiren Nokrichsprogramm opgestallt an zwar no hirer Devise: L e t z e b u r g d e L e t z e b u r g e r! Et ass e Programm, dén sech an zwé Wierder zesummefâsse le'sst: National a sozial Gerechtegkét! An eise Reien sin Leit vun der äusserster Rechter bis zur extremer Lenker. Wann de' Leit sech können op é Programm énegen, dann ass dat wirklech eng Garantie datt dat e Programm vu Letzeburg a fir Letzeburg ass. Wann awer eise Programm verschiddene Spékulanten oder enger Partie Leit, fir de' d'Politik e perse'nlecht Geschäft ass, net gefällt, da ass dat hir Problem.

Domat hu mer fir elo genug gesot. Wann d'Resistenz am Krich net gewiescht wier, dann hätt de Preiss eis ganz an de Sak gestach a mer missten eis haut schummen, fir dénen allie'erte Frönn an d'Aen ze kucken.

Dorfir können a wölle mer an all de' gudd Letzeburger, de' am Krich matgeschafft an eis önnerstötzt hun, och elo eis net an de Schied stelle lossen. Mer wölle jo neischt fir eis Täsch, mer fuerderen nömmen: Gerechtegkét!

ONS JONGEN

(Fortgesat vun der 1. Seit.)

Datt et kén Zweck hat ze versichen, op de Preiss anzewirken, fir dé Beschloss, durch dén d'Wehrpflicht agefe'ert gi wor, reckgängeg ze machen, war klor. Et go'f dofir nömmen é Wé: d'Jonge sauve'eren, en d'Me'glechkét ze verschafen sech dem Preiss ze entze'en, iwert d'Grenz ze kommen, vun do aus an en neutralt Gebitt oder wa me'glech bei ons Allie'ert. D'Geschicht vun dém wat do geléscht go'f, muss eng Ke'er geschriwe gin. Si wärd eng E'ereplaz an onser Nationalgeschicht anhuelen. We' schwe'er a gefe'erlech d'Entreprise wor, kann och dén sech virstellen, dén net selwer mattgehollef huet. Mir haten net nömmen matt der preisescher Besatzong ze rechnen, mé matt engem bis op d'Lescht ausgearbechten Netz vun der Gestapo, de' alles an all iwerwâcht huet, zemol de', de' sech net zo' Nazideitschland „bekannt" hun. Mir haten iwerdém d'Partei durch d'ganzt Land sötzen, an alle Verwaltongen, an all Stad an op all Durf, dobei hate mer nach de' traureg letzeburgesch Spitzelen a Verre'der. Mir wossten, we' schwe'er et wor. Vill vun ons hu jo och matt hirem Liéwe bezuelt, anerer sötzen am KZ, a mir wössen nach net op mir si nach erömgesin. Jidferén vun ons wo'sst, datt en Dag fir Dag, an Nuecht fir Nuecht a Gefôr war. Mé et ass em eppes Helleches gangen, em d'Hémecht an em ons Jongen!

De Krich wor am Gang, net me' de passive Widerstand vun onser Seit, mé de regelrechten önnerirdesche Krich, töschent de Preisen a ons an enger Seit an onse Jongen an der Arme' dohém op der aner Seit. D'Jongen sin agezu gin, — wivill hun der un den Appell gefélt; si gongen op den Zuch, — önnerwé woren der eng Partie verschwonnen ad d'Preihu se ni me' gesin, se ko'men an Urlaub an se hun de Wé fir an d'Kasèren net me' fond. Zo' Dosenten fir d'escht, zo' Honnerten durno. Dausenten hun zo guder Lescht gefélt. D'Preisen hu gekacht vu Wut a konnten net begreifen, we' dat eso' op hirer Nues konnt gesche'en.

Mé wat d'Zuel vun de Jongen, de' hu misse „place'ert" gin, me' gro'ss go'f, wat et och me' schwe'er gin ass. D'Preisen hun natirlech net gemitlech nogekuckt. Si hun och emol hei an do e Fuedem fond. Verre'der hu sech ageschmuggelt, Onvirsichtegkéten go'we begangen. De' klengst Onvirsichtegkét konnt de' schlömmst Folgen hun. Verhaftonge ko'me vir, Patriote sin erschoss gin, de' eng oder de' aner Kette wor gerass, ower ömmer ass weider geschafft gin. Wo' é gefall ass, ass en âner agesprongen, wor é Wé zo', ass en aner gesicht gin. A we' et net me', an eng me'glechst gro'ss Secherhét ze brengen, du ass em an d'Grenz an eng me'glechst gro'ss Secherhét ze brengen, du ass em eng Stopp fir se hei am Land fond gin.

Dat he'ert sech nodre'glech zimlech einfach un. Ons Jongen, an all de' matt hinnen am Bond woren, wössen matt wat fir Schwieregkéten huet misse gerechent gin. Mir wöllen elo net vun déne schwätzen, de' sech matt hirer ganzer Kraft an den Dengscht vun der Sâch gestallt haten. Si woren Zaldoten am Krich. Si haten sech freiwölleg durfir agesat, well si et fir hir Flicht ugesin hun. We' si hiren Treiéd geléscht hun, wosste si, datt si sech matt Leiw a Liéwen ge'fe verflichten. Si hun et net gemâch fir e Merci derfir ze kre'en. Wann hiren Dengscht och me' schwe'er a me' gefe'erlech wor, we' dem Zaldot sein an der Arme' an an der Uniform, schon aus dém Grond well e seng Familjen matt an de'selwecht Gefor gesat huet, da gét et hinnen dur ze wössen, datt si am Dengscht vun der Hémecht hir Flicht gemâch hun. De', dénen si geholleef hun, wössen hinnen am de'fsten Hierz och Dank.

Mé doniéwent go'f et eng Legio'n vun aneren. Geld, vill Geld huet misse beschaft gin. D'Geld ass komm. Et hun misse Leidd sin, de' d'Jongen opgeholl a verstoppt hun. De' Leidd hu sech fond. D'Jongen hu missen o'ni Karten durchgehale gin, d'Liéwesmöttel si geliwert gin.

Et go'f ower ömmer me' schwe'er. D'Zuel vun de Jongen, de' hu misse verstoppt gin ass ömmer gewuess. D'Gefor se ze verstoppen go'f ömmer me' gro'ss. Vill vun dénen, de' et am le'fste gemâch hätten, wore selwer verdächteg, go'we verschléft oder hu sech selwer misse verstoppen. Razien go'we gehaleu an änzelnen Heiser an a ganzen Dierfer. Böscher go'wen durchklappt durch Polizeitruppen, matt Spirhönn beglét. Et wor gefe'erlech ze höllefen, et ass em de Kapp gangen an am alles wat én hat. Mir mussen durfir de'f den Hutt ofdoen virun all dénen, de' an dér schwe'erer Zeit durgehalen hun. Baueren, Beamten, Geschäftsleidd, Arbechter, Dokteren, Reicher a Armer, si hun alles riske'ert, o'ni eppes gewannen ze wöllen ass we' de' Iwerzégong, seint gemâch ze hun am Dengscht vum Land a vun der Mönschhét.

Ons Jongen wollten nömmen ént: Frei sin vun dem preiseschen Zwank, net gezwonge sin, ge'nt hirt Land an de Krich ze goen, der Hémecht notzen ze können. Wochelâng, Me'ntlâng, Jorelang hu si sech an Heiser, a Scheieren, a Ställ an an de Böscher verstoppt, ewe' Freiwöld gejot, bestänneg a Gefor, Dag an Nuecht am Deischteren, kirperlech a géschteg vernole'ssegt. Anerer hu matt der Waff an der Hand, siéf et a Frankreich oder an der Armée Blanche aktiv um Krich ge'nt de Preiss délgeholl. De Preiss wollt se a seng Dengschter zwengen, en huet sech se an Do'dfeind gemâch.

An de' Aner, de' de Preiss an d'Front dreiwe konnt? De' de' an de preisesche Reien gefall sin, an de' de' nach haut an der preisescher Arme' sin? Hei an do ass emol en oniwerluecht an ongerecht Wurt gefall. Et go'f hinnen de Virworf gemach, net gehandelt ze hun we' hir Komeroden, de' sech dem Preiss entzun hun.

Et ass traureg an net ze entschöllegen, wann én de Misär an d'Léd vu schwe'er gepre'fte Letzeburger zo' enger Geléenhét wöllt benotzen, hinnen onverdengt Virwörf ze mâchen. Mattléd an Höllef fir si ass ons Flicht, an ons Suerg hinne ge'ntiwer muss sin, en hirt gro'sst Léd ze erlichteren an ze höllefen wo' a we' et nömme me'glech ass.

Aus dem Parlament

D'Chamber ass de 6. Dezember 1944 em 1/2 11 mures zesumme kom.

De' écht Sötzong vun der Sessio'n 1944/45 ass önert dem Virsötz vum élste Member Wirtgen gehal gin matt der Assistenz vun den 2 jengste Memberen als Sekretären, den Hären Kuhn a Schloesser.

De Präsident dél: matt, datt nom 10. 5. 1940 zeng Depute'erten ömgesiedelt go'wen an datt der neng gestuerwe sin.

Durno ass an enger offiziöser Sötzong vun der Arbechscommission, de' aus alle Gruppen zesummegesât ass, bestömmt gin, eng Önnersuchongs-Commissio'n ze bestömmen, de' den Opdrag huet d'Ukloen z'önnersichen de gènt verschiddene Depute'erten we'nt hirer politescher Haltong am Krich virbruecht gin.

Eng zwét Commissio'n ass agesat gin fir z'önnersichen ob et me'glech ass d'Chamber bis op de Zuel ze complette'eren, de' hir et erlabe könt schon elo als beredent Versammlong zesumme matt der Regirong un Ausarbechte vun den arrêtéen ze schafen.

De' zwo' Commissio'nen kommen en Dönschdeg em 10, 11 resp. em 15 Auer zesummen.

St. Hubertusclub?

Juegd als Nationalreichtom a Juegd-Permien gehe'ren an der Zo'konft dénen, de' am Krich bewisen hun, datt et gudd Letzeburger woren, an net dénen, de' am Krich matt de Preisen durch Deck an Dönn gange sin. D'Juegd soll a muss zo' bleiwen, bis Klorhét geschaf an d'Säuberongsaktio'n önnert de Jéer durchgefe'ert ass.

De St. Hubert Club hat e Samschdeg am Pôle Nord eng Generalversammlong aberuff, o'ni eng Ermächtegong bei den zo'stännege Kompetenzen ugefrot ze hun. Matt wat fir engem Recht kann den St. Hubert Club, nodém wat am Krich gespillt ass gin an sech zo'gedron huet, behapten, datt hién d'Letzeburger Jéer nach hannerun sech hätt? Nén dat ass bestömmt net de Fall. Mir wössen gené wien dran a wat hannendrun ass. We' de Präsident selwer an der Versammlong mattgedélt huet, wore virum Krich circa 1800 Permien eraus, an am Krich ongefe'er 800, dorönner falen natirlech och all de' Preisen, de' hei op d'Juegd gânge sin. Also bleiwen iwer 1000 Jéer, de' am Krich ké Permis krit hun oder ké gewollt hun, an de' woren iwerzégt, datt et spe'der och emol nés eng Ke'er anescht ge'ng goen. An si hu Recht behâlen, de Moment ass elo do! Den St. Subert Club schengt nach ömmer den Zeitgéscht net erfâsst ze hun, datt et anescht muss gin, an datt et och anescht gét. Dorun zweiwelen de' Jéer keng Minutt, de' sech derfir hirgin, d'Reorganisatio'n vun eise Juegden an d'Hand ze huelen. Lösst mer ons also um gudden demokratesche Majorite'tsprinzip fe'eren a léde lössen, da gét et gerecht a richteg.

Et woren am Hubertus-Club jo och Leit de' d'Preisen gehâsst hun a mir huelen de' d'Preisen gehâsst hun nd mgm un, datt de' dest net fir sech huelen. Eppes awer stét fest: De St. Hubert-Club ass opgele'st a soll opgele'st bleiwen.

Wofir dat wärd der jo wössen. Wann dir et elo nach net wösst, mir können nach eng Ke'er me' deitlech gin. Oder mengen de' Häre vleicht, well si matt de Preisen eso' gudd gefuer sin, ge'ngen se elo nach besser furen. Da sin se awer bestömmt am Irtom. D'Réorsin se awer bestumt am Irtom. D'Réorganisatio'n vun de Juegden, de' e Nationalreichtom vun eisem Land sin, gehe'ert och an d'Hänn vu Jéer, de' durch hir patriotesch Haltong am Krich bewisen hun, datt se wirdeg sin un desem nationale Reichtom délzehuelen. An de' aner, de' matt de Preisen op d'Juegd gange sin — jo, de' hätten sech dat me' fre' bedenke sollen. Si mussen och bedenken, datt se direkt oder indirekt derzo' beigedron hun, datt de' Jongen, de' an de Böscher verstoppt woren, als Freiwöld betruecht si gin. Elo wärd dach ké me' drun zweiwelen, datt de' Jéer, de' am Krich net op d'Juegd gange sin, de' sin, de' de Numm „Gudd Letzeburger" verdengen. Dofir stin des op dém Standpunkt, datt eng ordentlech Seiberong ennert de letzeburger Jéer gemâch muss gin, de' am Scho'ss vum St. Hubert Club net me'glech ass. We' gesot, et mussen anerer de' Sach iwerhuelen. — a last not least — mussen emol de' ömgesidelt Jéer och matt ze schwätze kre'en.

Ons Furderongen si gerecht vum nationale Standpunkt aus gesinn, a mir mâchen de' letzeburger Institutio'nen drop opmirksam, keng verfre't Decisio'nen ze treffen. D'Juegd soll a muss zo'bleiwen bis d'Verhältnesser geklärt sin. De St. Hubert Club kann a soll d'Interessen vun de letzeburger Jéer net me' vertriéden, well hién net op hirer Majorite't opgebaut ass.

Also ro'eg ofwarden. — De' am Krich net op d'Juegd gänge sin hun och nach elo e bösschen Zeit.

SPORT-CHARTA

Vu London aus hat S. E. de Staatsminister Dupong de Wonsch ausgedreckt, mir sollten hei zu Letzeburg d'Käpp zesumme strecken, a berotschloen, we' mir am se'rsten könnten de' verschidden Organisatio'nen an Administratio'nen eröm oprichten, nodém d'Preisen vun onsen allie'erte Frönn aus dem Land geheit wären. Dat ass net o'ni Risiko, a muenchen Administratio'nen geschitt, wo' wertvoll Dokumenter virun der Gestapo gerett go'wen. Dat hun och e pur Frönn fir de Sport gemach. Hire Projet leit elo an der Regirong, nodém e vun enger Kommissio'n besprach, an den Experienzen vun onse befrönnte Länner ugepasst go'w.

Matt der Autorisatio'n vun der Regirong könne mir durch ons Radiostatio'n, de' ons gro'sszügeg zur Verfügong gestalt get, iwer de Projet schwätzen. An enger Serie vu Bespriéchongen generell a spezieller Art, git dir de Fong vum Projet gewur, an ech sin iwerzégt, datt all ons Kluppen, Sportsunhänger, Gymnasten a Scouten Fréd un der Sach kre'en. Onser Regirong soen ech Merci fir dé gro'ssen Encouragement, dén si ons gin huet durch de Verstésdemech, matt dém si onse Projet opgeholl huet. Matt Fréd wärde mir un der Ausfe'erong schaffen, an eso' onser Regirong de' gre'sste Satisfactio'n gin.

We' dir wösst, hat de'selwecht Regirong am Mé 1930 e „Conseil supérieur d'Education physique" durch Arrêté Grand-Ducal geschaf. Si wollt domatt de' physesch Educatio'n op enger uniformer Basis fir d'ganzt Land opbauen. De Conseil hat als Missio'n e projet de Loi auszeschaffen, dén d'physesch Erze'ong am Land régele sollt. Dat huet hié gemâch durch sei Rapport vum Mé 1931. Op dé Rapport go'w ere'scht 1939 en Dél regle'ert an zwar durch arrêté ass den „Insigne sportif national" age'ert gin. Mir wössen, datt durch d'Occupatio'n vun onsem Land de' ganz Sportsâch stark gelidden huet, a mir stin haut vrun engem komplett neien nationale Liewen an mir wöllen onser Regirong, matt all dénen de' dolen, matt onser Grande-Duchesse, matt hinnen an der Friemd letzeburgesch denken a fillen. Mir hun an desem Krich all gele'ert zesummen ze halen. Mir hu villes verluer. Mir wöllen opbauen. Mé mir wöllen awer och matt höllefen onst Land ge'nt eng nei Agressio'n vum Preiss ze preserve'eren. Mir därfen net nömme profite'ere wöllen. D'Verdédegong vun onsem Land verlangt vun ons, datt mir ons Jongen gesond a stark machen an erhalen. An dat könne mir nömmen dodurch, datt mir hinnen d'Me'glechkét gin Culture physique a geurdnete Sport ze machen. Net eleng an de Stied mé och an den Dirfer soll de' Me'glechkét bestoen. An domatt soll schon an de Primärscho'len ugefang gin. Matt onse klenge Kanner sollen ordenge'ert Uebongen, Gesank a Spiller durchgefe'ert gin fir hirt jongt Liéwen ge stärken a fir an hir Hèrzer Sönn fir Disziplin a Le'wt zum Land ze léen. Papp a Mamm höllefen an der Erze'ong matt. All ons Kanner wölle mir eso' erze'en matt Höllef vum Staat. Ons Scho'lméschteren a Le'erinnen ware virun der Occupatio'n ewell op des Opgaw virberét. Si sin haut bestömmt d'accord, de' Direktiven ze befollegen, de' de Minister vun der Instruction Publique den 31. Oktober 1939 an enger Circulaire gin hât. Et war donner gesot, datt se sech missten selwer em d'Education physique bekömmeren, de' démols schon vir all Eleven obligatoresch war. Et get dofir elo neischt neies gefrot. Do wo' éler Leit matt der Scho'l betraut woren, konnt d'Höllef vu jéngere Kollegen gefrot gin, Awer et wor gesot, datt et och dénen élsten me'glech ass de Kanner e Spill z'explize'eren oder och Uebongen, de' am Fong jo gur net komplize'ert sin. Et muss émol derhei bleiwen, datt d'Scho'lméschter sech selwer em d'physech Erze'onk kömmeren an net friem Leid, de' d'Kanner net kennen, well se keng Geléenhét hun matt hinnen ömzegon.

Gleichzeiteg gin d'Kanner och vun engem Dokter surveille'ert. Den Dokter get dann net me' eleng bei krank Leid geruff, mé hié kann duerch d'Surveillance vun alle Kanner präventiv agreifen. Iwer de Carnet sanitaire, dé virgesin ass, he'ert dir an extra Usprochen, de' vu beruffene Leid am Cader vun desen Emissio'nen gehale gin. Ech kann elo scho soen, datt de carnet sanitaire de' Kanner dat ganzt Liéwen iwer vu Scho'l a Leben an Form vun enger Scho'l a ge'ngen d'Kand net eleng an de Scho'ljoren begléde soll, mé datt de carnet sech fir spe'der Joren versige ass.

Vun der Primärscho'l eraus kommen de' jong Leit an d'Hänn vu verschiddenen Méschteren, je nodém si eng Möttelscho'l, d'Oberprimärscho'l, d'Normalscho'l besichen oder dohém schaffen. Moniteuren, Trainer, Scho'lméschter, Professoren vun der Education physique, de' all e Brevet vum Staat mussen hun furen do virun, wo' d'Primärscho'l opgehâl huet. Fir ängschtlech Géschter ze bero'egen kann ech versecheren, datt mat onser Organisatio'n an Iwerwâchong d'Zuel vun den Accidenter ganz eng kleiwt. Fir all Fall ass awer eng Assurance ge'nt Accidenter virgesin, de' a'en lizenze'erten Membren a Kanner zegud könt. Derniéft ass eng Haftpflicht virgesin, fir Drött-Personen ze schützen. Dat ass och net me' we' Recht. Wa mir verlângen, am Intérêt vum Land, datt ons Jongen a Médercher bis zu engem bestömmten Alter, wahrscheinlech 20 Jor, önnert staatlecher Controll Culture physique bedreiwe mussen, da muss ower och d'Secherhét bestoen, datt de' jong Leit d'Accidenter net ze färten brauchen. We' dir elo gehe'ert hut gin physesch Uebongen och obligatoresch fir d'Médercher. Dat wor och fre'er schon de Fall an de Primärscho'len. Eng Fédération Féminine muss de' Uebongen an d'Hand huelen.

Natierlech eröm ennert der Kontroll vum Staat. Alle Fédératio'nen solle gröndlech ausgebillt Trainer, Moniteuren, Professeren a Scho'lméschteren zur Seit stoen. Doriwer me' an enger extraer Bespriéchong.

Matt gro'sser Fréd kann ech mattdélen, datt an engem wichtege Grupp vu komerodschaftlecher, moralescher a sportlecher Erze'ong elo, no der Libératio'n vun onsem Land, eng Enegong am kommen ass: Bei de Scouten! De' e'scht Bedéngong fir an all onsen Organisatio'nen eröm gudd Arbecht ze mân ass d'Enegkét. Mir hun nie am Sport da' kleng Parteipolitik kannt, armse'leg Streidereien a Neidereien dierfe mir net ken... We' sét d'Hémecht eso' sche'n: Et ass eso' villes, wat ons ausernén dreiwt, et ass eso' schwe'er, un engem Strank ze ze'en. Et ass awer elo Zeit, datt mir dat beto'nen, wat ons bönt an enegt."

Dat sin d'Scoute elo am Gâng ze mâchen, an dat beweist, datt si vum gudde Gèscht vum Baden Powell erföllt sin. Dir he'ert doriwer me' an enger anerer Bespriechong. We' soll dat nun alles realise'ert gin? De Projet de Loi geseit e Commissariat général à l'Education physique et nationale vir, dén en autonomen Dél vun der Regirong mâche soll. De Commissaire huet d'Direktiven vun allem sportlechen Liewen. Him önnerstét de Conseil supérieur d'Education physique, dén op Propositio'n vun de Fédératio'nen, wat de' sportlech Membren ugét, vun der Regirong genannt get. Dem Conseil zur Seit stét de Comité Olympique, dé vun de Fédératio'nen bestömmt get, als eng technesch Commissio'n. Endlech sollen d'Fédératio'nen de sportlechen Dél we' bis elo erliedegen.

Dir gesitt, datt villes elo scho bestét. Wat net bestét ass de' aktiv Controll vum Staat a seng Höllef grad we' och de Gemengen hir Höllef. All Club de Sport oder Gymnastik bedreiwt, muss vum Staat als d'utilité publique unerkannt gin. Duerfir kritt hien dann Spillplâzen, Sportplâzen a Ho'men zo'erkannt, so' gudd vum Staat we' vun der Gemeng.

Aus dem Exposé des Motifs gét erfir, datt d'„Charte des Sports" en dreifachen Zweck erfölle soll: 1. Culture physique an de Sport; 2. National Erze'onk vun de jonge Leit; 3. Eng Virberédong de' et erme'gleche soll, e we'neg derbei ze sin, wann et göllt onse Letzeburger Buedem, ons Sproch an d'Freihét ze verdédegen. Mir sin em Land et schölleg onst Bescht dozo' beizedroen, well mir hun erfur ewe' liecht alles dat verluer gét. Duerfir musse mir zesumme stoen, fir ronderöm alles wat ons helleg ass, ewe' eng Festong ze bauen, matt onsen Hierzer, datt ké me' un onst Land, un ons Grande-Duchesse re'ere kann. X.

Nach émol Hugh Carlton Greene

Mer kenne jo all de Londoner Sender, wa mer och net all de' verschidden Nim vun de Speakere kennen. Mé wann én eso' verwint ass, ewe' ech all sei Liéwe wor, wann én all nuets um 2 Auer opgestanen ass, well de' Däpp den Dag durch ze vill geste'ert hun, da kennt én och d'Nim.

Ech hu schon ömmer 1940 gesot: „Wann de Krich eriwer ass, da gin ech emol op London mer de' Pätteren ukucken."

We 'du e Freideg de Mötteg an enger deitscher Sendong vu London gesot go'w, de Charles Richardson an den Hugh Carlton Greene ke'men op Letzeburg, du hun ech mer geduecht, „elo schreiws de e flotte Bre'f, an da können se emol gesin, wat mir vun hinne gehalen hun." An ech hu mech owes dru gin, an ech hun eng Epistel vun zwo' gro'sser Schreiwmaschineseiten zesummegeknetzelt, an ech sot zu menger Duechter: „Dén droe mer Mur an de Radio, da könnt e sicher un de' richteg Adress."

Samschtes Möttes si mir dorower getröppelt, d'Sonn huet geschengt, a mer ko'me beim Sender un, a vir am Portal huet eso' e längen M.P.-Man gestanen, an ech hun hien ganz fröndlech gefrot „If he would remain my letter to one of the Reporters from London", an hien huet net grad ganz raffine'ert dragekuckt, an en huet gesot, ech soll et jo selwer agoen, an en zolg, dat wär erlabt.

A we' mer bei d'Portiers-Loge ko'men, an ech hun nom Hugh Carlton Green (ech hun iewel New Carlton Green gesot) gefrot, du wollte se do neischt vun em wössen, e so' én wir net do, an ech hu gesot, wann en och net do wir, da ke'm en iewel, well e ge'w iwer onse Sender schwätzen, an da sollte si him wanneggeliwt de Bre'f hei ofgin.

Du ko'm och schon en Här getröppelt, an en huet gesot: „Schreiwt mer se'er en Ziedel, ech muss bei den Här Hugh Carlton Greene; „Dat ass flott", hun ech gesot, „da gin ech matt Iech." En huet mech ganz vun önnen erop (net vun uewen erof, well e wor vill me' kleng we' ech) ugekuckt, a gemengt, dat ge'ng net, hie wär vum Haus. Dat konnt ech jo nun net vu mir soen, iewel den Här an der Loge hat an dèr Zeit och en Ziedel fir mech geschriwen, a ganz fröndlech gemengt, da könnt ech jo och op gon, wann dén Här aus London wirkelech do wär.

Meng Duechter an hier Fröndin, de' bei ons wor, hun och e „laissez passer" krit, an ir ech mech emsin hat, stonge mir an der Dir vun engem Büro wo' sech den Här New Carlton Greene grad opgehâlen huet.

Ech hun e gefrot op ech deitsch schwätze könnt, well mein Englesch wir nöt eso' ho'ffereg, dass ech mech dermatt brätze könnt, du huet e gelâcht, an en huet seng Zänn vun engem Aenn zum anere gewisen, an du hun ech en nach gefrot, op en net eso' fröndlech wöllt sin, an sech setzen, well ech hu mech bal missen op de Réck léen fir hinnen an d'Gesicht ze kucken, e war eso' lâng ewe' en „Dag o'ni Bro'd" an ech sin och net der Klengster én. En huet sech iewel net gesat, an ech hun em verzielt we' mir d'Sendongen aus London ofgehe'ert hun, an huet eröm gelâcht, we' ech em gesot hun, ech ge'w se all kennen, onse Frönd Ad. Hirnschal, an d'Frau Wernicke, an du huet e gesot „Und die Freunde Kurt und Willy", natirlech de' och, an den Thomas Mann, a wann hien eröm ol London ke'm, da soll hien all dénen Hären ons sche'nste Gre'ss matthuelen, an ech hun him gesot, ech wär en Num vun déne Klengen do, vun dénen de' sech net erlabe könnten Invitatio'nen ze erlössen, vun dénen de' net offiziell zu Wurt ke'men, an de' iewel och geholléf hätten d'Resistenz vum Land he'chhalen, an de' och hir Krâft as Londoner Sendonge geholl hun.

Onsen Interview huet vleicht zeng Minute gedauert, a mir waren net nömme e we'neg ho'ffereg, meng Duechter, hir Fröndin, an ech, we' mer de Park ofgânge sin.

A we' ech haut am Wort gelies hun, dass den Här Hugh Carlton Greene et eso' gur derwärt fond huet dé kleng Intermezzo ze erwänen, we' ech aus déne pur Wirder gelies hun, dass e mei Besuch richteg verstanen huet, du war ech gleckllech an zefridden, well och mir wor sei Besuch en Erliewnes, dat mech fir vill Schroes wat ech an deser Zeit erliewt hun, entschiedegt. ms.

AUS DER »UNIO'N«

J. J. Lux, onse Scho'linspekter.
† zu Letzeburg, 27. 11. 44.

D'Le'ft vu senger Familjen, d'Fröndschaft vu senge Kollegen, d'Achtong vun all dénen, de' hien kannt hun, si konnten hien net me' halen. Den Do'd huet hien ze fre' mattgeholl. Mir ve'le'eren vill an him.

Den Här Lux wor, we' hien selwer sot, „en âle, verkapselte **Pädagog**". An der Scho'l, wo' hien erako'm, wor hien matt engem Bleck dohém. Seng Begéschterong huet we' matt Zaubergewalt de Kannergéscht wakreg gemât. Spre'egt Liéwen huet hien ausgestrahlt, fir Kannerliéwen matt him aus Kannerreen zreckgelicht.

Hien wor och Pädagog senge Lerperso'nnen ge'nt iwer. Villen huet hien de Wé gewisen, den zu Fréd an Erfolleg an der Scho'l fe'ert. Den Här Inspekter Lux huet ni nidergedrekt, hién huet ömmer gesicht ze hiewen, opzerichten, z'enkurâge'eren. Hien wollt nimols we' 'lin.

Hien huet net nömmen wöllen önnerichten, sein A huet sech och op d'Erziehong gericht. We' delikat hien d'Léngt ergraff huet, an muench én zreck an d'Mött vum Wé gefe'ert huet, dovun wössen d'Normalschüler an -schülerinnen ze erziélen, dénen hirt Praktikum den Här Lux gelét huet. De' Fréd ower, de' hien hat, wann engem jonge Mönsch d'Lektio'n gudd gerode wor, le'sst sech mat neischt mössen. „Dat get e gudde Scho'lméschter".

Sei sche'nen Humor, dat verschmit.t Lâchen leit öm sei Mond am Do'd; hien huet et net verluer a senger Krankhét. „Ech hu mech ni eso' krank gespirt, we' ech mech wölle mâchen. Si können d'Stierwgebiéder fir me' spe't versuergen; ech gin nach net", dat wore seng Wierder. — No senger leschter Inspektio'n am Praktikum wollt d'Le'erin sech iergeren, datt d'Kanner härt op der Strôss gejaut hun: „Mir-hu-keng-Aufgab!". Den Här Lux gét op déer anerer Seit um Trottoir a schmunzt. „Ech hun s'ugestalt". wor seng Aentwert. — Hien kont sech esso' gudd op de Niveau vum Jonktem eroflössen. Zu Walfer huet hien Néklesje gespillt. Dat huet hien matt Genoss erziélt: „Et wor eng letzeburgesch Feier; ech kont de Kanner et net ofschlo'en." —

Hien wor e **gudde Letzeburger.** Dat wo'sste mir all. Dat huet hien bewisen vum e'schten Ablek un, we' hien de' preisesch Schulrät huet missen afe'eren. All Wuert wor ofgewien; d'Preisen hun gespuert, datt den Här Inspekter hinnen iwerlee wor. Hien go'f „abgeordnet" an d'Normalscho'l. Hei wor hien d'Symbol vum gudde Letzeburger. Deer leschter Deg en huet hien erziélt, we' e guden Dag eng Schülerin hien virun der Klassendir erwârt huet: „Här Lux, mir wollten iéch et soen, mir hun Preisen an d'Klass krit; si gin iéch uschmieren; passt op!" Si wollten hien net verle'eren, si wo'ssten, wat se un him hätten.

Och muench én aus dem Lerercorps huet a sengem Léd, wan hien net me' an nach aus wo'sst, op der Märelerströss un déer Dir geschellt, wo' ömmer nach stong: Lux, Schulinspektor.

We' ro'eg an entsclossg gung hien hém .De' Fro: We' soll ech mâchen? wor gele'st. „Den Här Lux hiet gesot", dat gung duer. D'Unio'n vu Märel huet op sei Gräv en härleche Blumekranz nidergeleecht: d'Blumen vum Widerstand.

Den Här Lux wor **onse Frönd;** hien wollt et elo, no der Liberatio'n, wo' ons en eiserne Panzer ofgefall ass, duebel sin. „Ech wéss, wat Scho'lméschteren mattgemât hun; ech wöll net, datt se matt Klengegkéten belast gin." Dat wore seng Wierder.

Hien wollt opbauen. Hien hätt et bestömmt färdegbruecht matt senger Intelligenz, senger Energie, senger Gedold, senger Begéschterong. Hien wollt vill Fréd ausdroen. „Wo'un et felt, dat ass d'Fréd. Jidferén muss Fréd gemât kre'en. Da le'ert en, datt all Scho'l, all Klass e Stek ass vum Ganzen. Wann dat Stek wackelt, da könnt d'ganzt System un d'Wackelen." — Seng lescht Gedanken woren bei der Scho'l. We' ons Scho'len eröm ugefângen hâten, huet hien gefrot: „Kommen och d'Paschte'er eröm an d'Scho'len?" — „Dann ass et an der Rei."

D'Pflicht matt Fréd erföllen, zesumme schaffen am Gésecht vun der Kirch fir d'Wuel vum Kand an onser le'wer Hémecht, dat ass d'Testament vum Här Inspekter Lux un d'Lererschäft vu Letzeburg.

Nu bass du ower gângen;
Du hâs et net geduecht.
Vill Sche'ns, das d'ugefângen
Fäll nun an deischter Nuecht.

Un dengem Grâv, do trauert
Net nömmen Fra a Kand;
Dein Do'd get de'f bedauert
Vun onsem ganze Land.
Du hâs am Stûrm ke Bângen;
Du stungs do we' eng Ech;
Was d'émol ugefângen
Du hues et och do ércht.

Am A dat fredegt Lîchten,
Den treie, feste Blek,
Dé muench én op kont rîchten,
Si lîchte lâng nach zrek.

Nu schlof an e'wgem Friden!
Den Hergott sén deng Ro'!
Du hues vir d'Recht gestriden,
Et deckt vill Le'ft dech zo'.

Unio'n Letzeburg-Stad.

E Sonndeg, den 10. Dezember Nomöttes um 2.30 Auer, ass am Sall vum Hôtel Theisen (Hôtel de Luxembourg), Wâssergâss, eng gro'ss Opklärongsversammlong vun der Unio'n Stad Bez. I; All ons Membren sin gebiéden penktlech ze erschengen. D'Populatio'n, de' sech fir d'Sâch intresse'ert, lueden mir heimat he'flechst derzo' an.

Biéles. — E Sonndeg, den 10. 12. 44 Nomöttes get d'Musek vun Zolver e Concert am Sall Schambourg zu Gonschten vun den Evakue'erten. De Concert, dén als Austauschconcert geduecht ass, fönnt enner dem Protektorat vun der Unio'n Biéles statt. De Programm ass éschtklasseg a göt duerch Plakaten bekannt gemâch.

Schöffleng. — Mer hun matt Bedauren zu Schöffleng festgestalt, dass verschidden Elementer, de' als einwandfrei Preisen ze betruechte sin, sech haut eröm ongene'ert brét mâchen, an eso'guer bei me' oder we'neger patriotesche Feieren optriéden, mattwiérken, we' wann de' lèscht 4 Jor iwerhâpt net virgefall wieren. Sujéen, de' all Ursâch hätten, sech am Hannergrond ze halen an sech me'glechst onopfälleg ze behuelen, triéden matt enger Arroganz erfir, dass én einfach platt ass a sech soe muss: do gehe'ert wirklech Kurasch derzo! — Mä mir weisen awer nodréckleeh drop hin, dass mer ons dat nöt bidde lossen. — Mir verstin och nöt, dass et nach Leid, Vereiner oder Organisatio'nen get, de' so' Elementer förderen an erunze'en. Jiddenfalls wèrde mir an Zo'konft net me' nokucken an och net dervun zreckschrècken fir all Aktio'n, — sief et e Concert (we' mer dat e Sondeg, den 26. 11. an der Kîrch erliéwt hun) siéf et e Cortég, en Theater oder soss eng öffentlech Feier, wo'bei derarteg Sujéen mattwierken, récksichtslo's ze ste'eren. Et ass an hirem égenen Intressi an am Intressi vun de Vereiner a Feieren, wann de' Bridder sech me'glechst vun der Bildfläch ewèghalen a me'glechst inaktiv bleiwen. Dat ass d'Opfâssong vun alle guddgesönnten Letzeburger.

AUS DER «UNIO'N»

Biéles. — D'Resistenz vu Biéles dé zönter 1942 trotz preiseschem Terror bestan huet, huet o'ni Tamtam eng Onmass Gudds gemâch a geschafft. An der illegaler Zeit go'f vun der jetziger Unio'n gesammelt: 74700 Frang. Un de önnerstötzongsberechtigt Familjen go'wen verdélt 55100 Frang. Den Önnerschéd, 19600 Frang go'f un d'Central ofgeliewert, fir d'Önnerstötzong vun Déserteuren. Un Önnerstötzongen go'fe bezuelt: 1. Un eng Familjen o'ni Kand: 700 Frang. 2. Un eng Familjen matt engem Kand: 900 Frang. 3. Fir all Kand weider 100 Frang. Vun enger Niewenorganisatio'n hei zu Biéles go'fen nach gesammelt 27000 Frang, de och un de onglöcklech Familjen verdélt go'fen. No der Liberatio'n wor et der Unio'n hir éscht Aufgab, fir d'Urdnong ze suergen, Murd an Do'dschlag ze verhönneren, d'Bewâchong vun den öffentlechen Gebeier a Betrieber, d'Secherstellong vun de politeschen Verbriécher an Uschösser, d'Interne'erong vun de Spionageverdächtegen aew. wor och hir Arbécht. D'Löschtesammlong vun der Unio'n zu Gonschten vun den Ömgesidelten huet de sche'n Zomm vun 80435 Frang abruecht. Am Numm vun all dénen Leit, en herzleche Merci.

Biéles. — Vexe'erbild. — Dir wösst jo nach alleguren, datt d'Preisen, de 4 Jor, wo se hei woren, weider neischt konnten we' d'Leit bele'en, bedre'en an terrorise'eren. Wat fir e Preis hât nun, de' 4 Jor, wo se eis „befreit" hâten eng Ke'er d'Wo'erecht gesot, o'ni datt hién derfir konnt? Ma dat wor ke gerengeren we' den Här Gauleiter selwer, de Chef vun der „Zuviel Verwaltong". Den Här Gustav Simon sot nämlech den 1. Mé 1942 zu Rodange ob der Gro'sskundgebung: „Wenn ich einmal die Luxemburger zur Wehrmacht nehmen muss, dann ist der Krieg für uns verloren. Die Luxemburger sind gut mit der Fressgabel und am Biertisch: Kommentar überflüssig." Ént siéf nömmen nach ernimmt: Wién huet de 4 Jor hei me' gefriéss ewe' d'Preisen? Ech errönneren mech nach gudd dèr Ze't vun 1940, we' mer Peischtméndeg an der Stad ewakue'ert woren. Auss all Buték ko'men d'„Befreier" all Hand voll, a matt zwo' Hänn hun se nömmen agestach. De' Leit musse scho lâng Kabes kritt gehat hun.

Béteburg. — E Me'ndeg, de 4. Dezember wor zo' Béteburg eng Generalversammlong, an dèr och all emleiend Sektio'nen, Abweiler, Fenneng, Hünchereng, Nèrzeng, Re'ser, Birchem, Be'weng, Crauthem, Le'weng, Peppeng, Fre'seng, Uespelt, Helleng ageluede woren. Wichteg Froen, de' d'Unio'n direkt ugin go'we besprach an d'Versammlong kont op alles eng zefriddestellend Aentwert kre'en. Nodém den neie Virstand gegrönnt wor gin an de' nei genannt Comitésmembren fir dat Vertrauen der Versammlong Merci gesot haten, huet den Distriktschef Kremer Nic. eng kleng Usprôch gehal bei dèr besonnesch eng gerecht Bestrofong vun all déne Verbriécher erfirgehuewe go'f. De Riédner go'f der Versammlong d'Zo'sécherong datt an nèxter Zeit eng gro'ss Opklärongsversammlong ofgehal soll gin, an de' d'ganz Awunnerschaft fröndlechst ageluede get. Den Distriktschef fuerdert dann nach all Memberen op enk zu hirem Comité ze stoen an si an hirer schwe'rer Arbecht ze önnerstötzen.

Matt enger Minutt Gedenkpaus fir eis Helden an dem Ofsangen vun der Hémecht go'f d'Versammlong ofgeschloss.

Dikerech. — E Samsdeg, den 18. November hu mer engem vun eise beschten Memberen, dem Här Jean Huss, Scho'lmêschter, dat lescht Gelét gin. D'Scho'len, d'Scouts, eng stârk Delegatio'n vu Kollegen, d'Stadmusek, d'Miliz, d'Unio'n an eng gro'ss Mass vu Frönn hun hién zur leschter Ro' gefe'ert. — D'Unio'n vun Dikerech verle'ert um Här Huss en treien a fleissegen Mattarbechter, dén vun Ufank un derbei war. Während der ganzer Okkupatio'n war hién ömmer do, wann et gehéscht huet e gefe'erlechen Gank ze mâchen. Voll a ganz o'ni seng Gesondhét ze scho'nen, huet hié fir de' bedreckt a verfollegt Letzeburger Désertören an de' evade'ert Gefângen agesât. D'ganz Unio'n bedauert d'Verschéde vum Här Huss, dén eso'vill fir sengt Hémechtsland gemâch huet. An mir all, dénen hién a schwe'eren Stonnen viru gehollef huet, verspriéchen him mat der Unio'n de Wé virun ze go'en dén hién eis gewisen huet, an him domatt eisen Dank auszespriéchen.

Dikerech. — We' de 15. November mures d'Gespre'ch durch Dikerech gângen ass, de Scho'lméschter Huss wir do't, du wollt ké Mönsch et gléwen. De' eng haten hien Dönnschtes nach gesin aus der Scho'l kommen, de' aner aus der „Unio'n". Et wor wo'er, en Hèrzschlag hat sengem jonge Liéwen en Enn gemat. Matt him hu mer e sympathesche Mattbirger an é vun onse beschten Unio'nsmembere verlur.

Vun de Preise ste'ts a stänneg gepengecht, ass en 1941 krank gin. Vum November 41 un huet e keng Scho'l me' gehalen, mè sech emso me' fir de' gudd Sâch an der Resistenzorganisatio'n agesat. Wat en de ganze Krich duerch geléscht huet wösse nömmen de', matt dénen hié geschafft huet, de' Familjen, dénen hié gehollef huet, de' Jongen, dénen hién eng Stopp gesicht huet. Vum 11. September un bis zu sengem Do'd huet hién der Unio'n, als Ass. Dist. Chef gro'ss Dengschter geléscht. Duerfir wor et och ké Wonner, datt d'Begriéwnes eng gro'ss Trauerkundgebung wor. Eng Onmass Kränz a Gerben sin der Leich viraus gedroe gin. D'Miliz an d'Unio'n vun Dikerech, d'Vertriéder vu ville Sektio'nen an d'ganz Bevölkerong hun hién zur leschter Ro' gelét. Als leschte Gro'ss huet d'Stadtmusek him d'Hémecht gespillt an d'Letzeburger Farwen huet e matt an d'Graw geholl. Senger Fra a sengen zwé Kanner, wo'vun de Jong och en Déserteur wor, siéf de' gro'ss Teilnahm e klengen Tro'scht. En éschte Letzeburger ass vun ons gângen; ni werte mer hién vergiéssen!

De'fferdeng. — D'Unio'n vun De'fferdeng organise'ert engem allgemengen Wonsch entspriéchend vum 11. Dezember 1944 en engleschen Sprochkursus önnert der Lédung vum Här Jos. Wirtz, De'fferdeng. De Cours fönd 3mol wöchentlech statt vu 7—9 Auer owes. Et ass ömmer sche'n wann én eng friém Sprôch beherrsche kann, zumol elo am Ömgank matt eisen amerikaneschen Frönn. Umellongen fir de Cours gi bis den 11. Dézember am Büro vun der Unio'n entge'nt geholl.

De'fferdang. — De Neckléschen an der Unio'n. — D'Unio'n vun De'fferdang hât de Késchen invite'ert fir d'Kanner ze beschenken, dénen hir Pappen nach an de preisesche K. Z. Lagere sötzen. E war eng ergreifend Szén we' den Distriks chef Nic. Klein de' Kanner begre'sst huet dénen de Papp nach duerch preisesch Gewalt festgehâl göt. Kén A ass dréche bliwen' we' en de Kanner geschwur huet dass d'Unio'n nöt e'schter rascht bis s'eröm dohém bei hinne sin. Den Här Klein schle'sst seng de'fömfonnen Usprôch andem en de Kanner versprecht, dass d'Unio'n ömmer Hand iwert se hält, an dass et nöt me' lang zo' gèt bis hire Papp eröm dohém ass. Den hellége Neckléschen iwerrécht de Kanner dann e klenge Cadeau an e gudden Teller. Och d'Kanner vun den Evakue'erte go'we net vergiéss. Matt engem merci vun de Kanner un de Neckléschen schle'sst de' wuelgelonge Feier op de' d'Unio'n vun De'fferdang mat recht stolz ka sin.

De'fferdeng. — De gro'sse Gala-Concert vun der De'fferdenger Stadmusek zur Feier vum Cäciliendag, wor dat e'scht Optriéden no lânge Joren a wor e Succès am Sönn vum Wurt. Am Entr'akt huet den Här Klein vun der Unio'n eng Usprôch gehal, an dèr e besonnesch un d'Enegkét vun de Letzeburger appele'ert. De neien Dirigent Camille Reilgen huet seng Feierpro'f glänzend bestan a wann ons net alles irt, dann ass e beruff, d'De'fferdenger Stadmusek op eng glänzend He'cht ze brengen. De sche'ne Benefice vun der Soirée ko'm an d'Unio'nskés zugonschte vun den Oemgesidelten an de Kz-Lager. D'Unio'n sét villmols merci a wönscht, datt de' aner Vereiner dem Beispill vun der Musek follegen.

De'fferdeng. — All Sektio'nen vum Distrikt III si gebiéden eso' se'er ewe' me'glech, um Distriktsbüro (De'fferdeng) iwer folgend Ponkten Önnerlâgen ofze gin: 1. Iwer all reckstänneg Membergelder a Beiträg; 2. all Löschten vir Milizbezuelung matt Önnerschröften; 3. Késbericht (Recetten an Ausgawen); 4. komplett Memberlöschten. De' Memberen de' virun 10. September 44 ageschriewe woren an de' wo' no dem Datum opgehol si gin sin op ofgetrennt Löschten an ze schekkent matt dem Vermierk Krichmember an Nokrichsmember.

Dideleng. — Den Nikléschen. — De ganze Krich duerch, we' d'Preisen hei waren, konnt den Nikléschen sech nöt an der Öffentlechkét weisen. Mä dest Jor war hién och eröm do. We' am Radio gemellt gin ass, datt e vu London aus önner Wé wir, du huet d'Unio'n vun Dideleng sech op d'Bén gesat, fir en och bei eis Kanner ze bestellen. Den Nikléschen huet awer gleich gesot, e könnt nöt vill mattbrengen des Jor, well nach ömmer Krich wir, an et och am Himmel nach nöt alles ze kafe ge'w. En huet sech awer erwéche gelôss, fir we'nechstens déne Kanner, de' selwer nöt dohém sin, oder wo' de Papp oder d'Mamm nach an Deitschland ass, eppes Klenges ze gin. E Möttwoch de Mötteg ass den hl. Niklos zu Dideleng ukomm. D'Miliz war hién mam Auto siche gefuer, an se huet e mam Ho'siker bei d'Kanner an d'Stadthaus bruecht. De Mann vun der Zeidong hat sech och hémlech erageschlach, an en huet nogekuckt we' et do zo'gângen ass. Den Nikléschen huet de Kanner gesot, datt en de' ve'er Jor nöt komme konnt, well hié ké Frönd vun de Preisen ass, a well se him ganz sécher eng gesticht hätten, wann si e gesin hätten. Ma dest Jor hätt en awer nöt können nên soen, fir bei de' Kanner ze kommen, de' vun der Musel evakue'ert sin oder wo' de Papp nach an Deitschland ass. En huet hinnen alleguer e puer Se'ssegkéte gin an eppes Nötzleches fir unzedôen oder e Spillgezei. Déne Klengen hir Aen hu geblenkt vu Fréd, an se sin dem Hellegen d'Hännche gi komm, fir em merci ze soen. We' eso' e Klengt zu him gesot huet: „Le'wen hellegen Niklos, scheck mer mei Pappi nes geschwönn hém", du hat hié selwer Tre'nen an d'Ae kritt, an en huet gesot, e ge'w mam Himmelspapp schwätzen, fir datt de Krich geschwönn sollt aussin. Et waren der och e puer drönner, de' sech hannert hir Mama verstoppt hun, wann den Ho'siker an hir Noperschaft komm ass. De' hate secher d'Gewössen nöt propper. Well et hun der e puer vun hinnen, an och e puer vun déne Gro'ssen, eng Rutt vum Ho'siker kritt. Zum Schluss hun d'Kanner e puer Nikloslidder gesongen, an du ass de Klésche weidergefuer, well en hat nach e weiten Tour virun sech.

Dideleng. — E Mendeg, den 4. Dezember, war zu Dideleng eng Versammlong vun den aktiven Membren vun Dideleng, Bireng, Remeleng, Kél an Te'teng enner Virsötz vum Distriktschef Kremer Nic. an dem Kantonalchef. All lafend wichteg Froen de' d'Unio'n ugin go'we besprach an matt Interesse vun all Sektio'nsdelege'erten opgeholl. Matt enger klenger Kinofirve'erong an matt dem Virschlag an nächster Zeit eng gro'ss Opklärongsversammlong ofzehâlen go'f d'Versammlong ofgeschloss.

Generalversammlong vun der Unio'n DIDELENG.

En Denschdeg, den 28. November, hate mer eng Generalversammlong vun der Unio'n Dideleng. No enger Zeit, wo' Villes huet missen organise'ert an opgebaut gin war et he'chne'deg, datt eis Memberen Opschloss krit hun iwert dat, wat an déne vergangene Wochen geschafft gin ass. Et ass natirlech, datt nöt viraus all Member konnt iwer alles önnerricht gin, well soss Muenches nöt hätt können ausgefe'ert gin. Et ass jo lues a lues bekannt gin, dat der nach an allen Ecken an Enne sötzen, de' all eis Plange prinzipiell sabote'eren. Dénen ass et égal, op d'Land schued dru leid; wichteg ass fir si nömmen, datt si zo' hirem Profitche kommen. Mè eis Membren hun awer e Recht drop, gewuer ze gin, wat geschafft göt e'schtens, well mer nöt no autoritäre Methoden virgin, an zwétens, well mer eise Membren hir Mattarbécht brauchen.

De Sektio'nschef Emile Weiler huet d'Membre begre'sst an hinnen de merci vum ZC iwerbruecht fir alles, wat bis elo geléscht go'f an eiser Sektio'n; an en huet se gebiéden, weider trei zur Unio'n ze stoen, well et elo me' we' je drop uke'm, durch Enegkét stârk ze sin, a positiv Arbécht ze léschten, zum Notze vun der Hémecht.

Durno huet de Komerod Camille Linden Rapport ofgeluecht iwert alles, wat an déne leschten zwé Me'nt önnerholl an errécht gin ass. En huet higewisen op de' oft nöt eso' einfach Opgaw vum ZC, an en ass du op d'Enzelhéten agangen fir nozeweisen, datt mer trotz allem scho Verschiddenes errécht hun, an datt et nöt me' me'glech ass, d'Unio'n ewegzedenken oder aus dem Opbau vum neie Letzeburg auszeschalten, we' verschidde Leit sech dat ganz naiv virgestalt haten. En huet vun de Schwieregkéten geschwat, de' eis vu bestömmte Seiten absichtlech gemâch gin, an en huet matt dénen ofgerechent, dénen all Möttele gudd genuch sin, fir eis Knöppelen an d'Riéder ze geheien. D'Widerstandsorganisatio'nen hun am Krich de' preisesch Bluddhonn nöt gefart, dofir soll nömme kén sech abillen, datt d'Unio'n elo vun engem Grapp voll one'erlechen Intriganten zreckzehale wär, fir hirt Wierk auszefe'eren. Wién e'erlech kritize'ere wöllt, dén ass eis wöllkomm, a mer huelen all gudd gemengt Virschle' matt Fréd entge'nt, well mer sin eng demokratesch Bewegong, eso' we'neg datt och verschidde Leid an de Krom erapasst. Allerdengs verstir mir önnert Demokratie, datt och wierklech dem Vollek sei Wöllen zur Ausfe'erong könnt, nöt dé vun e pur verénzelte Berufspolitikasteren, de' sech wiéle lôssen, fir no bei d'Fudderkröpp ze kommen. Dofir siche mir Möttel a Wéen, fir dem Vollek Gelénhét ze gin, seng Ménong auszedrecken, a fir seng Idien och duerchzesetzen. Wién awer hanneneröm könnt, an eis aus der Anonymite't eraus hannerlöschteg iwerfällt, dé raume mer aus dem Wé: nöt duerch derselwechter Methoden, mè doduerch, datt mer am Ge'gendél e'erlech eise Membren an alle Letzeburger d'Aen opman iwer dat, wat virgét. Mer sin nöt gewint, hannert de Kulissen z'opere'eren, a mer lôssen nöt zo' datt anerer op de' Mane'er virgin. Siéwen dat nun verkappt Zo'hälter vu letzeburger Verre'der, siéwen et politesch Intriganten oder hemmongslo's Anarchisten: mer durchkreizen hinnen hir Plangen, eso' gudd mer können.

Datt d'Vollek sech hannert eis stellt, vun Dag zu Dag me', dat beweist sech am beschten doduerch, datt eis Memberlöschten vu Stonn zu Stonn wuessen. A wa mer emol no enger Zeitchen matt Zuelen un d'Öffentlechkét triéden, da wärd nach muencherén sech verwonnert de Sand aus den Ae reiwen.

No déne Bemirkongen huet de Riédner dann e Plang entweckelt, fir eso' vill Membren ewe' me'glech zur Mattarbécht erunzeze'en. Mer hun eis nämlech gesot, datt d'Me'glechkét, seng Ménong frei eraus ze soen, matt dat Sche'nst wir, wat mer duerch d'Befreiong erömkrit hun. Et ass nun awer eng Tatsâch, datt vill doruechter kritize'ert a krege'lt get. Fir wat do nöt de' Kritiken, amplaz se ongehe'ert verhalen ze lôssen, an e ganz bestömmte Kanal léden, wo' se sech all zesummefannen!

Et brauch én dann nömmen dat Wertvollst erauszesichen, an et dohin weiderzeléden, wo' et geregelt göt. Wat lo'g do me' no, we' Studiekommissio'nen ze schafen, de' sech aus de Membren vun der Unio'n rekrute'eren. Si schaffen de' verschidde Problemen, de' ze diskute'ere, sin duerch, mâchen e Rappor driwer a seléen der Unio'n se vir.

D'Preparatio'nen dozo' ware grad fèrdeg, do si mer och an en ähnleche Studienzirkel op Letzeburg geruff gin, dén sech des Ke'er aus Leid aus dem ganze Land zesummesetzt. (An der leschter Nummer vun der „Hémecht" huet den Auteur vun de „Préliminaires" jo doriwer geschwat.) Vun der Arbecht, de' vun déne Kommissio'ne soll gemâch gin, verspriéche mer eis, eso' we' mer eis Membren kennen, e sche'nen Erfolleg. Zum Schluss huet de Riédner nach emol un all Membren appelle'ert, nie ze vergiéssen, we' onendlech wichteg et ass, datt se all zesummenhalen, zesumme schaffen a besonnesch och derfir suergen, datt all guddgesönnt Letzeburger sech eis uschle'ssen.

Wann all wirklech Patrioten zesummestin rondöm den Tro'n, da muss et eis gelengen, eis Hémecht nes opzebauen, vill me' sche'n we' si et je war.

Durno huet d'Versammlong d'Membre vun déne verschiddene Commissio'ne bestömmt. An enger freier Ausspröch konnt jidderén seng Ménong soen, an et konnt é feststellen, datt eis Letzeburger nach lâng nöt op d'Nues gefall sin, an datt se nöt wölles sin, zo'zelôssen, datt de' eng de' önnert de Krichsverhältnösser gelidden hun, elo nöt sollen an hire Wönsch berecksichtegt gin, awer och net, datt de' Schölleg un eisem Misär hirer Strôf sollen entgoen. —

Matt der „Hémecht" ass d'Versammlong ofgeschloss gin. —

Eischen. — De Jules Reisdorff ass net me'. Vill ze fre', matt 48 Jor, o'ni sech un der Liberatio'n vun senger Hémecht fréen ze können go'f hién aus onse Reihen gerass. D'Hierz voll We' an Trauer hu mir onsem le'wen Frönd arwar so'en missen, engem Frönd, dén als Unio'ns-Mann sei Liéwen Dag an Nuecht agesât fir d'Vollek, Tro'n an d'letzeburgesch Zo'konft. D'Unio'n kuckt voll stolz op hién, sein Undenken liéwt e'weg an onsen Hierzer. D'Sektio'n Eischen matt enger Delegatio'n vum Central Comité huet dem Frönd Jules dat lescht Geléd gin, an den Här Osch vum Central Comité huet matt ergreifenden Wiérder äddi gesot an der ontre'schtlecher Familgen onst oprichtegt Beiléd ausgedréckt.

OFFIZIELL MATTDELONGEN

Matdélong.

An all Fäll, wo' durch he'er Gewalt, z. B. durch d'Beschränkong vum Verke'er, de' vun de militäresche Stellen verordenne'ert gi sin, mat énzelnen Uertschaften, d'Umellongszeit fir franze'scht Geld net agehale konnt gin, kann d'Umellong an Zeit vun drei Dég, nodem de Grond vun der Behönnerong ugehe'ert go'f, nogeholl gin. Datselwegt göllt fir d'Umellongszeit fir Wertpabeieren.

*

Berechnong vun de Wertpabeieren.

D'Spuerkéss an de' bestätegt Banken si berechtegt d'Deklaratio'nen vun de Wertpabeieren nach bis de 15. Dezember 1944 aschle'sslech, unzehuelen.

*

Wichteg Matdélong un de' Evakue'ert.

Wié bei der Evakuatio'n vun senger Uertschaft boer Geld huet missen zrecklôssen an dodurch net an der Lag wor et ofstempelen zu lôssen a fir den Ömtausch virzeléen, get heimatt opgefuerdert **virun dem 13. Dezember 1944** a spe'testens bis zum Dag èr en erem hémgét **dem nächste Postbüro** dat matzedélen. De' zreckgelôsse Beträg vu Marken, alem belschen oder franze'schem Geld muss hie me'glechst genê ugin.

De Erklärong muss duebel gemat gin, och wa schon eso' eng Erklärong un d'Finanzministerium oder soss eng Instanz ofgi go'f.

So'bal d'Hémgo'en an d'evakue'ert Uertschaft frei ass, muss den Interessent **bannent 24 Stonnen** de Geldbeträg, de' a Fro kommen, sengem Burgermêschter oder sengem Stellvertrieder virléen. Vun dem Protokoll dén de Burgermêschter doriwer ausstellt, göt dem Interessent en Exemplar ausgehännegt. Dat Exemplar muss bei der Hannerléong vun de Gelder fir d'Ofstemplong an den Ömtausch der Post iwergi gin.

D'Geld kann nömmen ömgetauscht gin, wann des Uweisongen gené befollegt gin.

(Matgedélt vum Finanzministerium.)

*

Bekanntmâchong.

Betröfft: **Forst- an Holzwirtschaft.**

Durch den Arrêtée vum 11. August 1944 ass am Interesse vun der Versuergong vum Land de' Reglementatio'n, de' wärend der feindlecher Besatzongszeit erauskom ass, erem a Krâft gesât gin. Well d'Holz zu de liewens- a krichswichtege Rohstoffe gehe'ert, gött dese Beschluss och fir de' Verurdnongen a Bekanntmâchongen, de' vun der Forst- a Holzwirtschaftverwaltong erlôss go'wen. Önner desen ass besonnesch op de'je'neg iwer d'Bewirtschaftong an de Schutz vun de Böscher, d'Beobsichtigong vum Privatbösch, d'Preisregelong an d'Mârktregelong, d'Generatorholzversuergong an d'Holzoffe'erong hinzeweisen. D'Iwerwâchong an d'Ausfe'erong vun dene genannte Bestömmongen önnerstét, am Verein mat de Organen vun der Preisiwerwâchong, der Verwaltong vun de Gewässer an de Forsten.

De' wärend dene vergângene Joeren am hémesche Bösch gefe'ert Iwerschle' hu gro'ss Lächer an d'Holzreserve geschloen. De' Fuerderongen, de' elo un d'Böscher gestalt gin, d'No'twendegkét vun engem neien Opbau zwengen ons ganz spuersam mam Holz a senge Produkten ömzegoen.

Wié sech gént de' erem a Krâft gesât Veruerdnongen vergét, get op Grond vum arrêté vum 28. Oktober 1944 bezw. vum 8. November 1944 bestroft.

Letzeburg, den 1. Dezember 1944.

Forstdirektio'n.

*

Verénegong vun de Rapatrie'erten.

De Comité huet d'E'er alle Rapatrie'erten d'Resultat vun sengen e'schten Démarschen matzedélen.

Fir dass jidderén sech e kloert Bild mache kann, publize'ere mir hei de' 6 Ponkten, de' mir beim Här Staatsminister, dién ons den 23. November em 11 Auer emfângen huet, virbruecht hun:

1) Ausbezuelong vun enger e'schter, drengender Höllef fir all Rapatrie'ert o'ni Ausnâm.

2) Mir verlângen Gleichstellong matt den Evakue'erten, bis mer erem eis Arbecht ophuele können.

Des zwo' Höllefen triéden vun dem Dag un a Krâft, wo' én erem an d'Land könnt.

3) De Rapatrie'erten si Wunnengen a Miwelen zur Verfügong ze stellen.

4) Weider ass hinnen zur Verfügong ze stellen: Bezugscheiner fir Kléder a fir Sâchen aus dem Stot (an hir Freimâchong), an dann de' ne'deg Möttel (op Virschoss) fir den Akaf.

5) All Rapatrie'ert hun d'Recht erem op hir al Plâtz oder eng gleichwerteg Plâtz ze goen.

6) E Member vum „bureau de rapatriement" ass vun dem Büro ze le'sen an 't ass him en Zömmer zur Verfügong ze stellen, dat hien als Büro ka benotzen.

An hei ass d'Aentwert, de' mir de 25. November kritt hun:

1) All Rapatrie'ert, de' keng égen Existenzmöttelen hun, krit vum Bureau de Rapatriement 500 Frang pro Kapp.

2) Matt den Evakue'erten vun der Musel si mir gleichgestallt a kre'en déselwegten Betrag, bis mir erem an den Arbechtsprozess agegliddert gin. Burgermêschteren vum Land sin dofun benorichtegt gin.

3) Wat Wunnengen ubetröfft si mir mam Sequesteramt a Kontakt.

4) Bezugscheiner vu Kléder a Schong solle mir op eng Bescheinegong vum Bureau de Rapatriement gleich kre'en.

5) Vum 5. Ponkt hu mir nach ké Resultat.

6) Provisoresch ass en Delege'erten, den Här **H. Ackermann,** als Liaison zwöschen dem „Commissariat au Rapatriement" an der „Verénegong vun alle Rapatrie'erten" ernannt. **Deselwegten ass all Dag zur Dispositio'n vun alle Rapatrie'erten an ass ze spriéchen am Bureau de Rapatriement, rue Philippe.**

Eng Versammlong fir de Kanton Esch ass virgesin a mir biéden all Rapatrie'ert an hirem égenen Intresse der Versammlong beizewunnen.

De Comité.

D'Schreinerei
Reisdorfer
KAYL, Te'tengerstrôss
mecht all Schreinerarbechten, propper a gudd.

Um Rendez-vous vun den Unionisten get et e gudde Patt Be'er am
Café Hebisch-Karinger
SENNENGEN

E sche'nt Kröschdag- an Neijorsgeschenk ass en Tableau vum
W. Serrig
LAMPERTSBIERG
Michel Lentzstrôss 16

D'Metzlerei
Henri Passau
DE'FFERDANG, Thomasplâtz 1
recommande'ert seng e'schtklassésch Fléschwuren a Charcuterie
— Réelle service —

Eng prompt a réell Bedengong fand der ömmer am Coiffeursalon
Edy Fritsch
DE'FFERDANG, Gro'sstrôss 26
Specialite't vum Haus: Orthopädésch Fo'ssfleg, ausgefe'ert mat de modernsten Apparaturen.

Fir esche'ne, gudde Velo a fir er Reparaturen wend jech ro'eg un de Fachmann
Roger Krier
Cycles Charel Krier, succ. **Roger Krier**
BIELES, He'singerstrôss 6

Sicht der eng ro'eg Gesellschaft a gudd Gedrencks dann nemmen bei de
Léon Lorang
Café de la frontière
BIELES, Re'dingerstrôss
Bei himm gidd dier och gudd a réel matt Hausbrand versurgt.

Ech déle menger werter Kondschaft matt, dass ech mei **Coiffeurgeschäft** an der Bo'newegerstrôss vun № 117 op 121, fre'ere Salon Schammel, verluegt hun.
Emil Radoux
Coiffeur

D'Unio'n de' suergt fir d'Proprete't [am Land
Ons Firma botzt Kléder fir Papp, [Mamm a Kand
Mir wäschen fir d'Hotellen a Privat
Ons Arbecht ass bekannt als ganz apart.
Hut dir ké Fuendel, dann ech Dauer [Trauer
Rappt léch dofir dach kén Hor aus
Brengt ons Stoff, mir firwen léch e [Fuendel draus.
Firwerei a Wäscherei
Josy Thorn
117, Hollerecherstrôss

AUS DER «UNIO'N»

De'fferdeng. — E Sonndeg, de 26. November, wor de' e'scht Versammlong vun der „Association de l'éducation populaire" önner dem Virsötz vum långjärege Président Dr. Emil Pauly. E neie provisoresche Comité go'f gebild. D'Fro vun der Volleksbibliote'k go'f fir d'e'scht besprach. De Verein denkt am Dezember matt dem Neiausbau vun der Bibliote'k fèrdeg ze gin an am Januar 1945 dem De'fferdenger Publikum se an enger sche'nerer Ausstattong zur Verfügong ze stellen. Dem Verein ass och en „cercle artistique" ugegliddert a mir appelle'eren un eis talente'ert Jongen, beizetriéden fir a könschtlecher Mattarbecht zesummen ze schaffen. (De provisoresche Comité vun der association de l'éducation populaire.)

Hesper. — An de'wer Trauer an treier Erönnerung huet d'Unio'n, Sektio'n Hesper, den 19. 11. 44 acht Biérger a Jongen geduecht, de' währen̈d dem grausegen Krigsgesche'hen hirt Liéwen op friémem Buedem oder op der Hémechtsscholl fir d'Freihét vum Vollék geaffert hun. — Em 10 Auer wor feierlechen Requiem, bee'ert duerch e Besuch, we' d'Parkirch e wuel selten ze verzéchnen hât. Vun der Boer aus, de' matt der Tricolore iwerdeckt wor an a Blumen a Gerben önnergedâcht ass, hun d'Biller vun eisen 8 Helden eis traulech ugekuckt an hun si an deser Stonn am Géscht önner eis weilen geloss. Am Cho'er huet en Trupp vun 12 Hesper Déserteuren önner dem Kommando vum Här Polizeibrigadier de Waha d'militäresch E'eren erwiesen. — Op der freier Plâtz virun der Kirch huet nom Leichendengscht den Här Distriktschef Jomé a wârmen a bewegten Wiérder den Leidenswé vum letzeburger Vollek a sengen gefalen Bierger geschildert. Datt d'Affer vun eisen Hesper Jongen e'weg unerkannt an hir Trei ste'ts onvergiésslech bleiwen, huet d'Unio'n um Kirfég op de Familjengriéwer vun den Hesper Helden Blumen niddergeluegt an en ergreifend Grâflidd ass hinnen vum Gesangverein an der Musek gewidmet ginn. Nodém an engem wârmen Noruff de Sekretär vun der Unio'n dénen Hesper Krigsaffer nach eng Ke'er geduecht huet, huet de' würdeg verlafen Feier önner dem Ofkrachen vun enger 3facher Ee'erensalv hiren Ofschluss fond.

Hesper. — Datt d'Gemeng Hesper, de' op den 11. 9. 1944, den Dag vun der Befreiung vum Nazzijoch erliéwt an gefeiert huet, d'No't an d'Suergen vun hiren ongleckleche̲n Mattbirger un de Grenzen ze vergiéssen nöt gesönnt ass, hun folgend vun der Unio'n zu Gonschten vun den Evakue'erten vu Musel a Sauer virgeholl Souscriptio'nslöschten an aner, zu Ro'd Kreiz- a Wohltätekétszwecker ofgehalen Veranstaltongen önner Beweis gestallt: a) Souscriptio'nslöschten fir de' Evakue'ert vu Musel a Sauer: Hesper 4.183 Rm; Itzeg 3.176,30 Rm; Alzeng 1.724 Rm; Fenteng 1.289,50 Rm. b) Beträg, de' Wohltätegkétszwecken iwerwisen gi sin: Hämmelsmarsch op Kirmessonndeg vun Hesper 7.000 Fr.; Hämmelsmarsch op Kirmessonndeg vun Itzeg 3.000 Fr.; Erlös vum Match Hesper—Itzeg zu Hesper 1.300 Fr.; Erlös vum Match Itzeg—Hesper vu Itzeg 1.038 Fr. c) Erle's vun enger Sté vun 8 Biller vum Här Albert Kayser vun Alzeng zu Gonschten vum Ro'den Kreiz 920.50 Rm. Sämtlech Geldsommen sin dénen zo'stännegen Stellen iwerwisen gin.

Kengbetten. — Dé lèschten Sonndeg hât d'Unio'n, Sektio'n Klengbetten e patriotescher Owend zo' Gonschten vun dénen Ömgesiedelten an Evakue'erten organise'ert. Mattgewierkt huet dén sche'nsten Orchester an d'Joffer Nelly Schmit (Stengefort), so'we' Geschwöster Glodé vun Iechternach no Klengbetten évakue'ert sin. Eis Englesch Frönn vun Kapellen, un de' eng Invitatio'n ergangen war, waren och erschéngen an hun hir E'ereplâtz um Dösch ageholl. D'Autorite'ten aus de Sektio'nen Klengbetten an Hôen hun sech de Genoss vun dösem Museksowend nöt entgoen gelosst, an waren och uwiésend. De ganzen Owend stong önner dem Motto vun Fröndschâft an Verbonnenhèt töschend eisen mächtegen Allie'erten an dém klengen Letzeburg. Bewonnernswert war de' délikat Dékoratio'n vum Sall, an haptsächlech der Bühn, de' zesummen gesât go'f duerch vill Me' an onerlässlech Arbécht vun Ingénieur an Unio'nsmember, dem Här Marcell Ripp. Allen de' zo' dösem caritativen Owend beigedroen hun, ass vun hei aus nach eng Ke'er, an am Num vun der Unio'n, Sektio'n Klengbetten, merci gesôt. Vill ze vill se'er sin de' Stonnen verflun. Nodém de Sektio'nschef Jäng Hintgen op letzeburgesch an den Här Jacques Gérard, an englescher Sproch der Gesellschaft, a speziell den allie'erten Invité'en fir hire Besuch gedankt hâten, huet den Owend e sche'nen Ofschloss font matt de Weisen vun der amerikanesch an englescher Nationalhym an der Hémecht.

Munref. — De leschte Me'ndeg huet d'Munrefer Sektio'n engem vun hire beschte Memberen geduecht. Et handelt sech em de fre'eren Zoll-Leitnant Bernard W e b e r, sengerzeit Sektio'nschef vun der LVL., dén am Oktober 43 vun der Gestapo verhaft an no Hinzert geschléft go'f, wo' hié kurz durno gestu̇rwen ass an zwar schon de 25. November.

No der Jormass huet d'Munrefer Sektio'n zesumme matt der Gemeng d'Aweiong vun der Place Bernard Weber (virum Krich Place Flesgin, am Krich Schillerplâz), virgeholl. Bei deser Gelénhét huet den Här Burgermèschter Klein an de Léo Tanson, Sektio'nschef vu Munref eng Riéd gehalen, de' vun alle Leit matt gro'ssem Beifall opgeholl go'f. Als Ofschloss vun dèr einfacher Feier go'f d'Uelzecht gesongen. Den Här Bernard Weber, dé schon am leschte Krich an der letzeburgescher Legio'n a Frankreich mattgekämpft huet, gött vun de Munrefer ni vergiéss.

Merel. — Bei der Sammlong fir d'Ro'd Kreiz, de' am September vun der Unio'n zu Al-Merel duerchgefo'ert go'f, si 5.040.— Mark gesammelt gin. Mir soen heimatt de Mereler villmols Merci fir de' patriotesch Haltong, de' se bei deser Sammlong bewisen hun. — An der Unio'n Al-Merel ass de Fuendel vun der „Amicale des Volontaires Luxembourgeois aux Armées de l'Entente 1914—1918" ofgeliwert gin. E stêt den Interessenten zur Verfügong.

Nidderkur. — Bei vollzählegem Erschengen vun hire Member, hat d'Unio'n vu Nidderkur den 3. Dezember am Sall vum Jempi Kayser eng Memberversammlong opgezun. De Komerod Jängi Ney begre'sst de' Uwiesend, a get en détaill-'erte Bericht iwert d'Tätegkét vun der Resistenzgrupp Nidderkur am Krich. En erönnert un dé schwe're Kampf, dé ge'nt d'Preisen a speziell ge'nt d'Gestapo ausgefiecht ass gin, an e bidd d'Versammlong eng Minutt an Trauer déne Jongen a Komeroden ze gedenken, de' fir d'Hémecht hirt Liéwe geloss hun. En hieft erfir, datt d'zo'könfteg Aktivite't vun der Unio'n de Neiopbau vun engem neie Letzeburg ass, an en appelle'ert un all Member an un d'Letzeburger iwerhapt, we' am Krich ge'nt de Preiss, so' och haut déselwechten Affergéscht an de'selwecht geschlossen Enegkét opzebrengen fir dé geplangten Neiopbau ze realise'eren.

De Komerod Ney get dann détaille'ert Zifferen vun der Resistenzgrupp Nidderkur. Oenner aneren go'f 58 Déserteuren virugehollef, an 20 onglecklech Familjen önnerstötzt. Och dénen 120 am „Honsbösch" verstoppten Déserteuren go'f matt allen zur Verfügong stoende Möttelen gehollef. Zirca eng ve'relsmillio'n Frang go'f vun der Nidderkurer Grupp gesammelt a fir d'Letzeburger Sâch verwennt. Matt engem de'we Merci un all de', de' beigesteiert hun, a matt engem spezielle Merci un de' Leit, de' d'Letzeburger Déserteuren önner Dâch deholl hun, schle'sst de Komerod Ney seng interessant Ausfe'erongen.

Als zwéte Riédner schwätzt de Komerod Nic. Kremer, Distriktschef, iwert d'allgemeng Lag. E bemirkt önner anerem, datt gewösse Regirongs- an aner Krésser drop aus sin, d'Arbecht vun der Unio'n ze önnergruewen. De'selwecht Elementer, de' de ganze Krich d'„Heim ins Reich"-Ofzéche gedron hun, sin nés amgang hir bekannt Wull- a Verschiebongspolitik unzebrengen. De Komerod Kremer erönnert drun, datt mir den 2. September 1942 net vergiéssen, an en appelle'ert un de' Uwiésend an un all Letzeburger, datt et hir Flicht ass, dem abscheilechen Dreiwen matt alle Möttelen Widderstand entge'nt ze setzen. E bemirkt ferner, datt op Grond vun all dénen „Heim ins Reich-Letzeburger" de Gauleiter Simon den 31. August 1942 owes um Banquet konnt soen: „Ihnen, meine Herren, habe ich es zu verdanken, dass ich die Wehrmacht in Luxemburg einführen konnte." — De Riédner bemirkt weider, datt, wann all de' Monnisgeschichten net ophe'eren, d'Unio'n eng partie interessant Dokumenter, de' eso' e richtegt bezéchent Schlaglîcht op de' betreffend Krésser werfen veröffentlecht. Mir kucken, rifft de Riédner aus, op Belgien an op Frankreich, mir verlången d'Publikatio'n vun de Verbriécherlöschten, a mir verlången och bei eis eng gerecht mé streng Bestrofong vun alle Schöllegen, so' we' se vun der Regirong vu London aus an d'Welt geruff si gin. Well, so' könnt de Riédner zum Schluss, an eisem Land ass keng Plaz me' fir de' Letzeburger, de' am Krich, wo' e Stro'm vu Bludd an Tre'ne gefloss ass, hir Letzeburger Hémecht verléchent a verroden hun. — E starken Applaus belo'nt de Riédner fir seng spannend Ausfe'erongen. Nodém de Krichscomité vun der Versammlong openeis approuve'ert an öm 3 nei Memberen vergre'ssert ass gin, schle'sst de Komerod Ney matt engem Dankeswurt d'Versammlong.

Uewerkur. — E Sonndeg, den 3. 12. 44 hât d'Unio'n vun Uewerkur eng stârk besicht M e m b e r versammlong ageruff. De Komerod Schuller J. P. eröffent d'Versammlong matt enger Usproch an dèr en de Membren d'Zill an den Zweck vun der Unio'n un d'Herz lét. E weisst drop hin, dass nömmen duerch de' selwécht am Krich bewisen Enegkét an Affergèscht et me'glech ass eise Gegner erfolgreich d'Stir ze bidden, an dass d'Unio'n net ro'ht a rascht bis eis Letzeburger Hémecht restlos vum preisesche Wo'scht geseibert ass, an de Neiopbau vun engem neie Letzeburg realise'ert ass. De Riédner gedenkt a wârme Wirder den Déporte'erten, an den ongléckleche Letzeburger de' nach doiwer an de preisesche K. Z. Lagere sötzen. En erönnert spezielle un de' Letzeburger Komeroden de' d'Liéwe fir d'Hémecht geloss hun, an e biéd d'Versammlong séch eng Minutt vun de Sötz ze erhiéwen fir an Trauer hinnen ze gedenken. De Riédner schle'sst matt der Iwerzégong, dass de' Schölleg restlos enger strenger a gerechter Strof zo'gefo'ert gin. Als 2. Riédner göt de Késsié vun der Sektio'n en Iwerbléck iwert d'Finanzlag vun der Sektio'n, an zwar iwert d'Einnahmen an d'Ausgaben vun der Gröndongszeit un bis elo, wo'bei e bemirkt, dass während dem Krich durchschnöttlech 15 Famillen önnerstötzt si gin. De Comité, dén aus 7 Membre bestong get op 5 Mitglieder reduze'ert. Als drötte Riédner schwätzt de Komerod Nic. Klein a senger Egenschaft als Distriktschef-Assistent, iwert d'allgemeng Lag. E schwätzt iwer de' kollossal Arbécht de' vun der Resistenz gelescht ass gin zesummen matt der Matthöllef vun de gudde Letzeburger. E schwätzt iwert d'Höllef fir de' Ömgesiedelt, fir d'Déserteuren, de' daks önnert de schwieregsten Ömstänn verstoppt, an iwert d'Grenz bruet si gin. Riédner beto'nt a mécht d'Versammlong opmirksam op d'Schwieregkéten, de' besonnesch aus he'ge Kréser der Unio'n berét gin fir se ze önnergruewen. Fir wat mâchen se dat, rifft de Riédner aus, well se eis fèrten, d'sin dèr de' de ganze Krich mam „Heim ins Reich"-Ofzéchen dorömmer gelaf sin. Ower ward, wann d'Zig eröm furen, da furen se matt Heim ins Reich, an hir Wullpolitik ass um Enn. An dém neie Letzeburg ass keng Plätz me' fir si. De Komerod Klein schle'sst seng stârk applaude'ert Riéd matt engem feiregen Appell un d'Enegkét vun alle Letzeburger, well, sét en, si mir éneg, da si mir stârk, a si mir stârk, da si mir eng Muecht de' eis d'Garantie ass, dass mer eis am Krich önner schwe'ersten Ömstänn erkämpfte Rechter a Furderongen durchsetzen. Matt engem Dankeswurt un d'Versammlong an un den Distrikschef Nic. Klein schle'sst de Komerod Schuller de' interessant Versammlong.

TRAUERRIÉD

gehâle vum Här Burgermèschter geléntlech dem Begriéfnes vun onsem onvergiesslechten aktive Miliz-Member Pittches Lee, gefall fir seng Hémecht.

Meng le'w Veianer!

Schon dack a mengem Liéwen sin ech duerch eng onerwârt Noricht vum Do'd vun engem vu menger Familjen oder vun engem menger Frönn opgeschreckt gin, ma nach kémol huet eng vun déne Norichten mech am önnerste vum Hierz eso' ugegraff, we' den Do'd vun onsem jonge Frönd Léo, dén dohém fir ons, bei der Vertédigong vun onsem le'wen Hémechtsstiétchen sei jongt Liéwe geloss huet. D'Consternatio'n war bei alle Veianer a bei all senge Frönn de' selwecht.

E Sonndeg de muergen iwerall wo' mir Veianer ons bege'nt, hun hu mir ons d'Hand gedreckt, Tre'nen an den Aen o'ni é Wuert ze soen. Kén huet Wierder fond de' emstand waren ons verzweifelt Önnerstömmong erem ze gin.

Onse jonge Frönd Léo war gebueren zu Veianen am 19. Oktober 1920; hié war eng vun dénen éliten Naturen de' nömme Frönn ni e Feind haten. Vu Kandsdég un war et fir hién eng natierlech Sâch, eso' wuel sengen Elteren we' och all sengen Bekannten Fréd ze mâchen. — Als Kand konnt é schons onse Léo zu allem usteilen, ömmer war hié berét eso' weit we' seng jong Kräften et zo' geloss hun Dengschter ze léschten.

Als jonge Sportler huet hien iwer seng Komeroden, matt senge Léschtongen ervirgestånen, ma kémol hu seng Léschtongen bei senge Komeroden Neid oder Mössgonst ervirgeruff, am Gegendél duerch sei le'wt, bescheiden Optrieden wiren seng Komeroden fir hién duerch d'Feier gângen.

Spe'der nun we' d'Preisen ons Letzeburger Jongen zum Arbéchtsdengscht ageruff hun, kaum 19 Jor âl, huet de Léo sei Mann ganz a voll schon gestâlt. Hié war én vun dénen e'schten Letzeburger dén de Preisen hieren „Nén" entge'nt gehâlen huet. Hién a seng Veianer Komeroden hu virgezunn hire Kapp an d'Spill ze setzen, sech duerch d'preisesch Linnen duerch ze schlôen, an all Entbierongen an der Friemd ze drôen, e'schter we' dem verhâssten preisesche Regim sech zur Verfügong ze stellen an domat huet hién de jongen Letzeburger dat e'scht Beispill gin vun enger aktiver Resistenz de Preisen gegeniwer. — Dat Beispill huet ower net eleng bei senge Komeroden uregend gewierkt, och mir éler Letzeburger hun ons vun déer Zeit un ömmer me' eng zesumme geschloss zo' enger wuessender Resistenz gegeniwer déne preiseschen Usprech.

Me' we' drei Jor huet nun de Léo all Entbérongen, Verlângeren no Hém iwerstânen, an eso' bâl we' eng Verbindung bestânen huet konnt neischt hié me' halen, hém an d'Familjen, hém no Veianen ware seng énzeg Gedanken, an am 1. November desem Jor hât hién et geschâft, hié wor eröm dohém.

Wan och d'Letzeburger Land gre'ssten Dél frei wor vun de Preisen, zu Veianen, op der âner Seit vun der Our, stongen se nach ömmer, a Veianen wär et genau ergângen we' dénen âneren Uertschaften op der Our, wo' d'Preisen alles eweg geschläft oder zesumme geschlôen hun, wan d'Veianer Miliz de' preisesch Banditen net am Schach gehât hätten. D'wär nun nöt de Léo gewiéscht, we' mir hié kannt hun, wan hién nöt gleich berét gewiéscht wär, zesumme matt senge Veianer Komeroden, seng Geburtsstiédchen duerch sein perse'nléchen Asâtz ze beschötzen, a schon de 7. November huet hién d'Ereklėd vun der Veianer Miliz gedroen. An haut kaum 3 Wochen no sengem Untrött sti mir hei fir hién um Kirfég vun der Stâdt Dikerech virläfeg ze betten, um Kirfég vun der Stad, de' eis Veianer Evakue'erten matt eso' engem gro'ssen Entge'ntkommen opgehol an önnerbruecht hun. Wa mir awer nun vun hei fort no hém könne goen, dan Léo huele mir dech matt, deng lescht Ro'eplâtz sollst du fannen an dengem Hémechtsstiédchen matt dèr du eso' eng verbonne warst an fir de' du dei jongt Liéwe gin huest.

Mein le'we Léo, dei Bild soll matt dém Bild vun onsem âneren Veianer Märtyrer, onsem Louis Bassing, eng E'ereplâtz am Veianer Stadhaus kre'en. Er Portréen sollen och nach fir kommend Generatio'nen e liechtend Beispill gin, datt och de' echt letzeburger Jugend o'ni Zwang aus égener Initiative eraus berét ass dén allerletzten Sacrifice ze brengen fir de' hechst letzeburger Idealen, fir d'Vertédigong vun der letzeburger Freihét an dem letzeburger Bueden.

An nun mei le'we Léo, vun ons all, a ganz besonneg am Numm vun denge Komeroden aus der Veianer Miliz, de' och nach haut fir de' he'ch Idealen, de' dech gelét hun, antriéden, aus de'fstem Hierz hire leschten A d i e u.

AUS DER REDAKTIO'N

Aus Bre'f vu letzeburger Jongen de' vu Gro'ssdeitschland higemurd go'wen fir hirt klengt Letzeburg:

„Eis Bluddaffer sin onse Baugrond an durop baue mir op en Haus eso' sche'n a ganz Europaként ze fannen ass . . ."

„Le'f Mamm, kreisch net, et dét mer net we' datt ech stirwe muss, ech stirwe gär fir mei Land, datt et him endlech besser gét . . ."

„Kuckt no him, da krit Ert Affer den de'we Sönn vun der Unio'n aus dèr gebur get de neie Letzeburger Mönsch als Steip fir d'Verénegt Staaten vun Europa . . ."

*

Mir biéden ons Sektio'nen der Redaktio'n anzeschecken all ähnlech Bre'f de' z'erréche sin, a weider ons eng Löscht ze schecken vun alle Letzeburger Jongen aus hire Sektio'nen de' fir d'Land gesturwe sin, matt genéen Ugaben iwert alles eso' weit et me'glech ass, fir dat neit Letzeburger Goldbuch opzestellen.

*

D'Unio'n sicht en Zeidongsdre'er an e brave Le'erbo'f. Sech virstellen an der Redaktio'n.

*

Mir erönnern all Sektio'nen drun, datt mer bis zum 20. d. M. all de' Abonnenten a Memberlöschten kre'e mussen, de' nach félen. D'Ofrechnongen natirlech och.

D'Unio'n erschengt Freides Nomöttes a mir biéden ons Sektio'nen, eso' we' se Geléenhét hun, se da schon an der Expeditio'n ofzehuelen fir datt ons Liéser se Samschdes oder Sonndes och hun.

Wann én Iech de' Fréd mecht, datt se och Freides gedreckt get, an dofir alt emol de Schlofrack un de Nol hänkt, da kann é secher derge'nt dat bösse gudde Wöllen verlângen, dat én haut ömmer nach opbrenge muss fir se sichen ze kommen an ze verdélen. En aner Jor wärt och do villes besser gin. Also eng Grimmelches Grötz gudde Wöllen w. e. g.

*

Ech sötzen och alt emol Sonndes do ze schaffen a kre'en dat hei an d'Bre'f-löscht geheit:

„Pourquoi le nommé ..... aew juré à Hitler est-il encore en fonctions? Sa tenue et son langage n'était pas celui d'un bon patriote, même sa femme s'est détachée de lui. Pourquoi ne fait-on pas d'enquête?"

An ech Dabo hu gemengt eng Fra misst aushale könnnen fir én ze beke'eren.

Bero'egt Iech, den Tour könt un hién an och un Iech . . . Anonym? we' feig!

Ass dann d'Bre'fköscht vun der Unio'n vleicht eng Drékssköscht?

*

Un de Mann vum Tram. — De' Koktransportgeschicht ass net iwel. Fir eso' Sâchen me' he'ch hänken ze können, muss e ganz secher op zwé Bê stoen fir net vun der Lêder ze falen.

*

A. L. zu Késcheng. — Matt onsem Artikel vun haut iwert de' Juegdaffären lêde mer och d'Campagne an ge'nt de' ondemokratesch Juegdverpachtongen. Er Matthöllef huele mer gär un!

*

D'Redaktio'n délt weider matt, E gro'sse Merci un all Mattarbechter. Nömme si ka sech net drop festléen jidfer Artikel zo' engem bestömmten Termin ze brengen, well se net all ke'er 8 Seite brenge kann — de Pobeier ass knapp an en aner Jor gét et scho besser. — Si kann ower keng anonym Artikelen unhuelen a wann s'och nach eso'gud gemengt sin. Artikelen durch de' ganz Stänn ugegraff gin, well ge'nt Enzelner Beschöllegonge virleien gin och net durch d'Zensur. De' Beschöllegt si matt präzisen Ausdreck nimhäfteg ze man a vum Ukle'er matt Oennerschröft versin ons anzeschecken. Mir léden se diskret un de' zo'stänneg Stell weider.

An dann nach eppes nöt: Bre'f aus de KZ. — et ass na net un der Zeit, denkt och un ons Leidd, de' nach doiwer sin, an hei gär zefridde wiren, wiren se dohém!

Am iwregen durchstriéwe mer eng ganz urg Zeit an et ass schwe'er, schnell jidferengem ze höllefen.

Gedold a Ro' soll jidfer Birger och elo speziell nach weisen — do ower, wo' schlechte Wöllen virleit, do färte mer och net dran ze schloen!

*

Fir ons Notiz iwer de Sequester an onser lèschter Nummer richteg ze stellen, déle mer matt, dass de Verwaltongsrot bestét aus den Hären Jos. Wolter. Sturm a Peffer, Regirongscommissär ass den Här J. Marold.

*

Neierschengen:

Am Verlag Worré sin 3 le'f Kannerlidder erschengen vum Chr. Clement. Ze kâfen an all Buchhandlong.

D'REVUE SPORTIVE
«SPORTS»
Eng Sport-Revue fir Letzeburg an d'Allie'ert Natio'nen
Dir. François MERSCH
erschengt e Samschdeg, 9. Dez. 1944
d'Recette vun der e'schter Nummer ass fir d'Ligue „Ons Jongen" bestömmt.

Wén ass am Krich net op d'JUEGD GANGEN?
Zwecks Vertriédong vun hiren, während dem K r i c h vernéglige'erten Interessen, sollen all déjénig Je'r, dé am Krich kén Permis wollten, oder kén kritt hun, an all déjénig de' hir Flönten hu mussen ofliveren,
hir Adress an all weider Enzelhéten
der Expeditio'n an enger geschlossener Enveloppe önner Nr. 5 bekannt gin.

An den e'schten Dég
Neieröffnung
vu menger Epicerie fine
op der Escherstrôss 53
KLEIN Nick. De'ferdang

Pierre Maroldt & Cie
LETZEBURG
Fuddermöttel, Frûcht,
Chemesch Dünger
Iess- a Setzgromperen
—KUELEN—
Eis Büroen a Lageren sin erem :
50-58, Leschte Steiwer (Dernier Sol)
Tel. 68-60 a 56-43.

Grand Vin Champagnisé
St. JEAN
Dé gudde Champes ass elo nach ömmer nömmen a klenge Quantumen ze beze'en
R. Munhowen & Cie Letzeburg

Hallo!
Fir e gudden Humpen Fonken Be'er
en echte Schnaps
a prima Pättche Riesling
e gudde Pättche Viz
op Wonsch och eng dofteg Zigar
passe'ert am
Café Kommes-Graf
zu RAMMELDANG

An den e'schten Deg erschengt vum
Victor DELCOURT
e Gedichtband
E'WEG SÔT
gebonnen, ca 80 Seiten stârk.
Ze bestellen nömmen durch de Bochhandel.

FAMILJENANNONCEN

Den Här an d'Madame Pier Jander-Henkes so'en der Unio'n vun Uewerkuer - De'fferdang - Nidderkuer an all aneren Sektio'nen, de' Musiken, den Arbéchtskollégen, an all aneren villmôls merci fir d'Beiléd, d'Massen, an de' vill Blumen de' se onse le'wen onvergiessle'chen Jongen dem

Jean an Eugène JANDER

durbruei hun.

Uewerkuer, den 22. November 1944

En Dönschdeg, 12. Dezember, am 9 Auer an der Kirch um Belair Joermass fir de

BERTEMESS Mätt

Letzeburg

Gefall fir d'Hémecht zu Mechelbuch 21. November 1943.

Mir halen drop datt geseibert get!

Et ass onne'deg ömmer un dat „Denks d'och drun" z'erönneren, well et muss dach wuel erem eng Ke'er Ro' an der Welt gin; et ass ower net ubruecht falscht Matléd ze priédegen mat Leit de' Schold dru sin, dass bal ganz Europa zerste'ert ass an de' eso'-vill Onschölleger um Gewössen hun.

Mir lossen och net derfun of, bis de' geplangt Séiberong am ganze Land, an alle Verwaltongen, an alle Geschäfter, an an alle Betrieber durchgefe'ert ass gin.

Wat mir önner dénen decke Schöllege verstinn, dat ass ké Geheimnes. Et sin de', de' zwar net an der gieler Uniform dorömspaze'ert sin, an de' och net an den öffentleche Versammlongen opgetrueden sin, mé et sin de', de' an de Verwaltongen an an de Betrieber de Letzeburger d'Liewen zur Häll gemâcht hun, well si vum preisesche Sieg iwerzegt woren an d'Leit politesch tyranise'ert hun, dodurch datt si de Krichsasaz bis op de' lescht Me'glechkét gefördert hun. Hei en typescht a stadbekannt Beispill:

Et handelt sech öm e Betrieb dén circa 80 Leit beschäftegt huet. De Betriebsführer ass Letzeburger vu Geburt mé no alle Familjeseiten ass e preisesch verwandt vun der Fra ugefâng bis zu de Neveuen. Vum 10. Mé 1940 muerges 8 Auer un war hien de beschte preiseschen Apostel dén é sech denke konnt. Wat d'Personal an dénen 4 Jor önner dém Mann ausgestan huet, dat ge'f eng ganz Bibliothe'k voll gin. Huet emol en Arbechter 5 Minute geraschtt, dann huet hien en ugeschnauzt, he ge'f nie dulden datt Sabotage am Krichsasaz gemâcht ge'f. Dem Büropersonal huet e verbueden, mat Russen ze schwätzen, fir datt nömmen neischt ge'nt d'Preise könnt gesot gin. An enger Bekanntmâchong am Juni 1941 huet e gesot: „Ich verlange von jedem Einzelnen im Betrieb eine eindeutig volksdeutsche Haltung. Gegen Gerüchtemacher oder -verbreiter werde ich mit aller mir zu Gebote stehenden Strenge einschreiten. Wir alle marschieren in der DAF., unsere Sprache ist deutsch, unser Gruss ist deutsch und unsere Gesamthaltung im Betrieb und draussen ist deutsch. Weiter verlange ich von jedem Gefolgschaftsmitglied, dass es, falls es trotz meinem Befehl bis jetzt noch nicht geschehen ist, es unverzüglich der VdB. beitritt, andernfalls ich es sofort entlassen werde und dem Arbeitsamt zur weiteren Verwendung überstellen werde. Der Betriebsführer."

Nach am Juni 1944 huet de selwechte Betriebsführer gesot, all de' Letzeburger, de' un eng preisesch Niderlag ge'wen gléwen, wären Idioten, Phantasten an arem Géschter. Et hätt gur kén Zweck ge'nt de Stro'm ze schwammen, an dat wiren Efalten, de' sech asetzen, ömsideln oder ersche'sse ge'we lössen fir hir Hémecht. Sin égent Gehalt an dat vun de Preisen huet hie verdreifacht a verve'erfacht, a Leit, de' schon Dozende vu Joren do geschafft haten, huet hien nom „Tarif" als Höllefskräft mat Hongerle'n bedueckt. We' eng Ke'er en Arbechter vun der Gestapo agesat ass gin, sot en dat wir him gudd, da ge'f en d'Fangere vu Sâchen lössen de' hien neischt uge'ngen.

An déselwechte „Betriebsführer" sötzt haut eröm a sengem Fotell a mecht sech schon eröm durch seng onsozial Haltong vu virum Krich bemirkbar. Vun de Leit ass kén so' keng, eng schreftlech Uklo ze mâchen, well si fierten, herno ge'f d'Sâch an den Dreck falen, an da könt de „Betriebsführer" mat him man wat e wöllt.

An der Leit sötze nach vill dorömmer. An der Regirong, an de Verwaltongen, an de Betrieber, an de Eisebun a. s. w. Dir kennt jo all de Fall vun dem bessere Staatsbeamten, ge'nt dén d'ganzt Personal schwe'er Ukloen agerécht an sech geweigert huet, mat him nach weider ze schaffen. A wat fir eng Le'song denkt dir datt do fond ass gin? De' keng Beamten sin op aner Verwaltonge verdélt gin, an de kompromettéerte Beamte krut neit Personal.

Wösst der nach all, we' d'Preisen „Epuratio'n" am Land gemâch hun. Geschäfter go'ngen zo'gemâcht a beschlagnahmt, Beamten go'fen durch eng Zeidongsnotiz ofgesat „Sie bieten nicht die Gewähr". Oder muerges öm 6 Auer huet d'Gestapo virun der Dir gehal, d'ganz Familjen ömgesidelt an d'Verme'gen beschlagnahmt.

Mir wöllen et net eso' mâchen. Mir lössen net zo', datt é vir den anere soll bludden. Mé mir lössen net vun eiser Fuerderong of, datt all de' Schölleg hire Verbriéchen no bestroft gin.

Mir sin ons ene'g doriwer, datt de fait eleng, datt én an der VdB. wor, ké Grond ass, fir én ze bestrofen. Mé et handelt sech dren z'önnersichen, we'ni én dra gâng ass, an ob én seng Mitgliedschaft derzo' benotzt huet, fir d'Letzeburger ze schikane'eren. An doranner ka muenchere' me' schölleg sin, we' én dén én ugeschmiert huet. Et ass schwe'er flaut schröftlech Uklo'en ze mâchen, well bal all Oennerlage verbrannt sin. Do ass et nömme me'glech, enger offizieller Stell, der Polizei matt der Unio'n, d'Oennersuchong z'iwerdroen, de' bei de Nopern, bei de Kollegen a beim Personnal eng Enquête mecht.

De' Strofen, de' festgesat sin an dem neie Gesetz sin net ze he'ch. Ech kann zum Beispill net agesin, fir wat d'Do'desstrof ofgeschaft soll gin. Wofir hei eso' möll, wo' nach eso' vill gudd Letzeburger all Dag stierwen, am Prisong oder an der Front!

Et ass och net ubruecht, d'Prisongsstrofen erofzesetzen. Lösse mir uns dach neischt virmâchen. Mir wössen dach ganz gudd, datt én dén 20 Jor Zuchthaus kritt, de' 20 nie ofzesötze kritt. Wann hien sech gudd scheckt get hie so'wiso' no e puer Jor begnadegt. A wie soll sech am Kittche net gudd schecken? An dofir sollen si ömmer de Maximum kre'en. Fir d'Quislingen definitiv lass ze gin, solle mir hinnen d'Letzeburger Nationalite't oferkennen an hinnen de' preisesch lössen, de' si am Krich kritt oder gefrot hun. Könnt dann e Gesetz, datt d'Ausländer aus dem Land mussen, da get et eröm propper hei.

Wat mir verlângen

T'misst én et no 4 an engem halwe Jor Naziterror bal fir ömme'glech halen, datt nach haut sech desen oder dén Bemirkongen iwer d'Miliz am Zesummenhâng vun de politesche Prisonne'r erlâbt, de' ons einfach onverständlech virkommen. Mir wöllen ons dofir emol un all de' wennen, de' de „ruhmvolle Reckzug vun onse bewährte politesche Leiter", dé fir vill am Gronn geend huet, eso' de'f bedaueren.

Am allgemengen konnte mer feststellen, datt et sech em Leit handelt, de' wärend der Ernïddregong vun onser Hémecht sech virsichteg a schlau em all Schwiregkéten gedreckt hun, wann dat och muenchmol op Käschte vun aner go'ng. an de' hechstens fir de', de de Kapp durgehalen hun, nömmen e spöttescht Lâchen iwreg haten. Si hatte ni matt der Gestapo ze din, hu kén Hintzert a kén Dachau mattgemâch, hun am bescht Fall den Amtsburgermëschter oder de Kreisleiter an engem Heimabend oder beim Hamstere kennegele'ert. Trotzdém sin se haut nach gudd Letzeburger a fannen et ganz an der Rei ,ons haut iwerall hémlech erofzemâchen, well offe mâchen se dat dach net, dofir si se jo vill ze feig. Déne mëschten dovun sin haut d'Letzeburger Jongen en Dar am A. A fir wat dann?

De' eng, de' hu gewöss ké proppert Gewössen a wöllen dofir kurz a gudd einfach d'Preisenzeit vergiéssen, e Strech önnert d'Rechnong mâchen an eröm do fir ufänken, wo' se den 10. Mé 1940 opgehalen hun. Aner fërte wuel, se ke'me net me' zo' hirem, mir ge'fen ons als Hären opfe'eren an hinnen iwer de Kapp wuessen. A wat hu mir eigentlech bis elo verlângt a wat hu mir bis elo kritt?

Et wor am Jor 41, wo' mir fir d'escht de Preisen fir écht de Kapp gewisen hun. Ons Zuel wor démols kleng awer gro'ss genug, fir hémlech Uniformen vun der Hitler-Jugend ze klauen, d'Polizei iwer d'O'eren ze haen an on sop allerhand verbuede Wéer Waffen ze verschafen an dés nach me'. D'Resultat wor, datt 1942 fönnef Komeroden no Hintzert verschléft go'wen, wo' anzwöschen schon én önner dem Gummiknöppel vun der Gestapo gefall ass. — Durno ko'm de Wehrpflicht-Streik. Eng kleng Elit vu Patrioten get hirt Liewen, a richt domatt d'Opmierksamkét vun der ganzer zivilise'erter Welt op ons kleng Hémecht, de' du schon aus ville Wonne gebludd huet. Ass dat scho vergiéss? Wösst der net me', wén de' ro't Plakaten ugeschloen huet?

E pur Me'nt drop so'tze mer de'f a Polen, ganz verlôss, awer matt de Gedanken dohém. Och do si mer net virun der preisescher Idé gewach, wa mer och dofir dacks am Dreck gekroch sin oder zo' Arbechten gezwonge go'wen, de' bis elo nach ké Prisonne'er hei gemâch huet. Schlissiech hu mer de' verhâssten Uniform fir ömmer ausgedoen an hun als Déserteuren de Kampf aus engem weltverlôssene Bunker Dag a Nuecht ge'nt d'Naziregim fortgesat. Nuets, wann aner gudd am wârme Bett lo'gen, o'ni un eng preisesch Kugel oder un d'Oemsidlong ze denken, hu mer önner de gre'sste Schwiregkéten aner Komeroden fortgehollef.

Haut si mer erem do, dach leider net me' all. Vill Komeroden sin durch Verrot durch preisesch Kugele gefall oder hun önner gro'sse se'lesche Schmierzen hirt Liewen a Russland misse gin. Haut rifft hirt Bluddt no Gerechtegkét.

Mer hun all preisesch Schikanen kenne gele'ert, mer froen no kenger Belo'nong, well mer hun dat jo net fir e Profit gemâch, soss hätte mer ons anescht ugeluegt, well dat könne jo verschidde Leit bestömmt besser erziélen wat mer gemâch hun, wor nömmen ons helleg Flicht ge'nt ons le'f Hémecht.

Dach ént ruffe mer haut ganz hârt, datt et durch eist ganz Land schâlt, a matt ons ruffen och all de', de' nach an der Friémd leiden a nach net d'Gleck vun der Freihét fille können:

Mir wöllen d'Gerechtegkét.

Dat ass alles, wat mer verlângen, a jedferén soll urtelen, op dat wuel ze vill ass.

E pur letzeburger Jongen.

Nach e Beidrag zur Le'n- a Gehälterregelong

Ech si schon eng gudd Rei Joren an enger Staatsverwaltong als Expeditionnär beschäftegt, an ech hun an déne Joren dat elei iwer d'Gehälter könne feststellen:

D'Arbecht get net bezuelt; et get weider neischt bezuelt we' den Titel, de Premièresdiplom an den Dengschtalter .De' vill schaffen, kre'en net me' we' de', de neischt mâchen, an de' Gescheit net me' we' de' Domm.

Zesoen all Zo'lage sin eso' berechent, datt, wann e klenge Beamten 10 Frang me' kritt, den decken der dann 100 weider krit. De' Deck, de' egen Heiser hun, kre'e 600 bis 1000 Frang Residenzo'lag an de' Kleng, de' tatsächlech musse Loyer bezuelen, kre'en 200 bis 300 Frang. De' Deck kre'e Biennalen (all 2 Jor 500 bis 800 Frang de Mo'nt weider), an de' Kleng kre'en Triennalen (all 3 Jor 150 bis 200 Frang de Mo'nt weider). Ké Wonner datt der vill, de' eso' eppes musse mattmâchen, sech de sche'ne Walsproch zo' Hërz huelen: Wién d'Arbecht kennt an durno rennt, an sech net dreckt, dén ass gescheit.

Beim Papa Staat get et 3 Zorten Beamten:

1. **De' Deck:** (Chef de Büroen, Chef de Service, Attachéen, Conseilléen, Präsidenten, Direkteren an nach anerer). Si verdengen (me' richteg wir et, wenn ech ge'ng soen: si kre'en) all Mo'nt töschent 4500 an 10 000 Frang. Wa si hir Pai den drötttleschte Schaffdâg am Mo'nt vum Garçon de bureau an d'Hand geluegt kre'en da schneiden si e sauert Gesicht a soen: „Dat ass entschide net genuch, fir dat, wat én hei muss schaffen." — An dann denken si driwer no, we' si eren fir hir Dausender am beschte können uléen, fir keng Steieren drop brauchen ze bezuelen, a si iwerléen, watfir Titren si des Ke'er kafe sollen. De' mëscht vun hinne si ganz spursam, si gi ké Su ewech, wo' se neischt dovun hun. Si wore nach ze knecke fir an „hirer" gudder Zeit virum Krich an hire 4 Woche Vakanz eng Rés ze mâchen a si sin de' Zeit le'wer dohém bliwen fir d'Fra ze hinderen.

2. **De' möttel Beamten:** (Commi'en a Sous-Cheffen). Si verdengen all Mo'nt töschent 2500 an 5000 Frang. Si sin ömmer fro', wann et héscht: t'get Pai, a vun déne Suen, de' si op d'Seit lée können, léschten de', de' keng Kanner hun, sech eng sche' Vakanz.

3. **De' kleng Beamten:** (wa mer ons Beamten nennen dirfen). Garçon de bureau'en an d'Expeditionnären: mer kre'en all Mo'nt e Gehalt vun 1000 bis 2000 Frang. Vun eisen élere Komeroden iwer 40 Jor hun énzelner ca. 2500 Frang de Mo'nt. Mer gi vun der Regirong, vun eise Cheffen a vun énzelnen egoistesche Commi'en resp. Sous-Cheffen als eng mannerwërteg Zort Mönschen ugesin. Eng knaschteg, diktatoresch Bestömmong verbidd de Garçon de bureau'en an den Expeditionnären all Avancement. Well se ons Pappen net Sue genuch haten fir ons bis op Première stode'eren ze lössen, durfe mer ni Commi gin a mussen onst ganzt Liewe lâng dénen aneren hire Kuli sin. Ons Capacite'ten gi glad net berecksechtegt. Mer sin ze domm fir me' eng he'ch Ernennong, well mer de Premièresdiplom net hun. D'Verwaltongsarbechten können a mâche mer allegur eso' gudd we' de' mëscht Commi'en a besser we' vill Sous-Cheffen. Wa schon de Premièresdiplom eleng mâssgebend ass fir en Avancement, firwat ass dat dann net ömmer eso' gehandhabt gin? Onsetwegen können d'Commi'en matt dém bedeitenden Premièresdiplom den Titel „Commis diplomé" kre'en; mé mir wöllen och frei sin a ké Bréd an onser Carrière gesat hun. Mir ge'ngen och gèr eng Ke'er op Blankenberghe oder op Beckenried an d'Vakanz furen, amplaz ömmer bei de Bauer an d'Hé oder an d'Gromperen ze goen, fir de' Zeit de Kascht ze verdengen. Matt onse Gehälter si mir net amstand, wann „d'Etoile Bleue" net eremkönnt, ons je eng Ke'er e Miwel ze kafen.

Mir verlângen ganz matt Recht: Me' Gehalt an Avancementsme'glechkéten.

Freihét — Gleichhét — Bridderlechkét.

En Eisebunnert schreiwt:

Göschter hun ech e Komerod vu mir bege'nt. De' e'scht Fro: We' asst mam Lo'n an hues de nach Mönz? Majömmen, an de' nei 3000-Frangtranche kann ons zwé och net vill notzen, well so'vill Geld hat ké vun ons.

Newebei bemierkt si mer allen zwe'n bestued a schaffen op der Eisebunn, dat héscht mir gin nach do geduld. Onser Ménong no wöllen se ons aus dem Betrieb erausékelen, anescht ass eise Lo'n, dé mir kre'en, — am ganzen 1350,— Frang de Mo'nt —, net ze erklären. Domat muss e Stot erhe'ngeren.

Ech sot zu mengem Frönd, de' Hären vun der Directio'n sollen ons entweder ganz entlössen oder ons ustänneg behandelen. Mir sin 4 Jor op der Eisebunn, woren an Deitschland versât, hun ons ömmer als gudd Letzeburger beholl, an elo get de Geck mat ons gemât. Dobei sin aner deck Hären, de' sech de ganzen Krich als Preiss gewisen hun, de' e'scht fir d'Pai opzehiewen vu 6 bis 7000 Frang. Ass dat Gerechtegkét? Hun ons Elteren fir neischt hirt Geld ewechgin, fir datt mir de Kolle'sch konnte mâchen? Mir froen ons firwat mir 14 Jor lâng an d'Scho'l gânge sin, hei en Examen, do en Examen gemât hun. Solle mir et dann an Zo'konft schlechter hun we' bei de Preisen? Si go'wen ons alt en Titel, elo wösse mir net wat mir sin.

Oh, sot mei Frönd, ech mengen matt e bessche gudde Wöllen a Verstésdemech ass schon eng vernönfteg Le'song ze fannen. Schle'sslech könt jo och de Moment, wo' se agesin, dätt mir gebraucht gin.

E klengt Kapitel iwert d'Ömgesidelter

Gelt do staunt der, datt och émol én un de' Leit denkt? An et handelt sech des Ke'er net em de' Ömgesidelt vun der Musel, an och net em d'Evakue'ert vun der Sauer a vun der Our, et sin de' ganz richteg Ömgesidelt, vun dénen ech schwätze wöll, de' Leit, de' vun déne „gudde Letzeburger" an durch de' nidderträchteg Preisen „Heim ins Reich" gefe'ert si gin, énzeg an eleng well se nimols an de Verein „Heim ins Reich" gânge sin, oder, wann se emol dra woren, eröm eraus gânge sin, well et en dach ze domm wor.

Där Leit get et ganz vill, si sötzen de'seit der Front, mir he'eren neischt me' vun hinnen, an si he'eren neischt vun ons. Dén énzegen Tro'scht dén s'an der Friemd haten, Bre'f vun hiere Leit vun dohém, de' kommen net me'.

Hei am Land get iwer alles debatte'ert, mir schwätzen vun den decken oder klenge Le'n, de' mer verdengen oder och net verdengen. Mir sammelen fir dös an de', awer et huet ké Mönsch bis elo de Mutt fond, eng Fro, de' eso' akut ass, we' d'Fro vun den Ömgesidelten praktesch unzegreifen, an driwer ze schwätzen oder ze schreiwen.

Mengt dir dann, et ge'ng dur, wann der sammele ge'wt? Mengt dir, de' Leit ke'men hém, a ge'wen de Grapp ophalen ewe' d'Héscheleit?

De' eng kommen hém, si hun hir Heiser, hir Geschäfter, hirt Verme'gen. Si fänken eröm un, wann et och e besselche schwe'er ass. Mat der Zeit kre'e se Schuedenersäz vun der enger oder der anerer Seit an alles gét eröm gudd.

Iewel do sin de' aner, an der sin et och ganz vill. Si haten neischt, oder net vill we' et ugângen ass. Si hun de ganze Krich neischt könne verdengen, well se zeitweileg am KZ. oder am Prisong so'tzen, well se vun hire Pläze verjot go'wen „weil sie nicht die Gewähr boten". Si hun elo an der Ömsidelong de le'schte Grosche verziert, si könne keng Hypothe'k op en Haus huele well se ként hun, si können net gleich ufänken ze schaffen, well hir Pläze besat sin, oder well si durch d'Entbironge krank oder schappeg sin. Hier Kanner sin an de Scho'len zreck.

Wien fönt eng Le'song, fir desen Zo'stänn ze steieren?

Sot net, dat huet Zeit bis se emol eröm sin. Elo ass de Moment, elo soll geschafft gin, datt mir e Resultat hun wann se eröm kommen, datt se net op der Strôss stoen a soe mussen „Wat wore mir Ochsen".

Et soll aus dem Patriotissem ké Geschäft gemâch gin, an et ass vun dénen Ömgesidelten bestömmt och ké Mönsch, dén e Geschäft draus mâche wöllt, iewel get déne Leit wat hinnen zo' kömt, o'ni datt se komme mussen a kne'fälleg drem bieden. Reit se an ère Programm an, schon ir se eröm hei sin, well och nach durno bleiwt e gro'sst Steck Arbecht ze mâchen.

ms.

D'Profiteuren

„So", sot mei Frönd Joss, „hues de elo kape'ert, de' eng spille Patriot, an de' aner profite'eren a mâche Geld."

„Eso' hun si et schon vrum am am Krich gemâch, an elo sin s'eröm deck am Gâng."

„Jo Joss", sot ech du, „mé d'Krichsprofiteuren kre'en d'Handwierk geluegt, elo wo' d'Preisser de' fest leien, si gin kontrolle'ert, an dan he'ert dat „schwärzt Schaffen" op."

„Wann schon d'Le'n an d'Gehälter fixe'ert sin, da mussen och d'Preisser a bestömmten Limite bleiwen, d'Resultat dovun ass dann eng stabil a gesond Liewenshaltong."

„Mei le'wen Jong", sot du de Joss, „ma der keng Illusio'nen an zerbriech de Kapp net iwer de' Sâchen."

Ons Regirong war ve'er Jor fort an hat Zeit de' Problemen alle ... z'iwerle'en, — dat ass dénen hir Sâch —, deng Sâch ass et fir no dir ze kucken."

„Arwur, ech muss goen."

Le'we Frönd Joss, délweis hues de Recht, an et dét engem gudde Letzeburger we' am Hierz, datt et momentan eso' ass. Nömmen du hues muenches vergiess, an ech wöll dech korrige'eren.

De' eng spillen net Patriot, mé si sin Patrioten, des Ke'er wor et keng Spillerei an et ass déne Leit bludegen liersch; si sin zu Dausenden.

Da get et Leit de' spille Patriot an si profite'eren dovun fir hire Geldsak, si sin ze veruechten, an vill vun hinnen hun datselwecht so bei de Preise gemâch.

Weider get et Leit, an dat sin de' Superklug, de' sto'ngen wärend der Zeit, wo' d'Letzeburger vun de Preisen gepisakt gin, ofseits, an hu Geld gemâch.

Si hun ömmer verstan sech unzepassen, et ko'm jo nöt drop un, an si hun fir d'Preisen geschafft. Heirönner falen och de' Zort Leit, de' sech se'r Kamionetten ugeschäft hun a we' de Blötz eweg waren an um Atlantik matgeschafft hun, dobei go'wen se nach politesch a Ro' gelôss.

Mé Joss, et ass jo nach net eriwer, nach lafen si frei dorömmer, an de Dag könt wo' si de Kont regle'ere mussen.

An dann nach Frönd Joss, mengs de nach, jidferén soll nömmen no sech kucken, a Geld mâchen. — Wann dat eso' wir, da könte mir jo direkt apaken, da wir alles emsoss, a mir hätten a ve'er Jor neischt beigele'ert.

Nén Joss, eso' sin mir net, well da wäre mir net besser we' de' Leit de' ömmer nömmen no sech gekuckt hun.

Mir wöllen mathöllefen, datt mir de' erhéchen wozo' mir en hellecht Recht hun, dat Recht op e frei't a glecklecht Letzeburg.

J.

Denkt un d'LETZEBURGER an der Friémt!

Drock Fr. Bourg Bourger Letzeburg.